déi, déi wëlle méi héich kontribuéieren, kënnen da méi héich kontribuéieren.

Wa Projete sinn, déi net méiglech sinn ze maachen, wann d'Kontributiounen net geheicht ginn, dann hunn ech kee Problem, fir och meng politesch Responsabilitéit bei lech sichen ze kommen, fir ze kucken, ob mer dat solle maachen oder net. Mä, wéi gesot, fir elo einfach ze soen, mir héijen, ouni ze wësse firwat, do gesinn ech och net eng Ursaach derfir.

An ech géif mech och freeën, wa mer hei eng Majoritéit, eng grouss Majoritéit op jidde Fall, Här President, fir dee Projet hätten.

**M. le Président**.- Merci dem Här Statsminister. A mir géifen dann och direkt zum...

***(Interruption)***

Jo? Parole après ministre?

**M. Justin Turpel** *(déi Lénk)*.- Jo.

Ech hunn d'Fro gestallt vum Vote, vun der Majorité qualifiée. An déi aner Fro, déi ech dem Statsminister gestallt hat, war déi, ob mer net sollen - scho beim Projet virdrun an och elo hei nach eng Kéier -, ob et net méi Sënn géif maachen, mir géifen am Virfeld iwwer esou Saachen, iwwer esou Themaen diskutéieren. D'Regierung, déi huet de Kalenner vun deem, wat usteet. Et wier da gutt, wann d'Regierung eis géif zur Zäit informéieren.

An deem Zesummenhang stellt sech och d'Fro, ob et net méi korrekt wier, d'Vertrieder vun der Regierung géife mat engem Mandat op esou Sitzunge goen, déi awer nëmmen all véier Joer stattfannen a wichteg Décisiounen huelen. Ech wollt awer do nach eng Kéier nohaken, fir do zu deenen zwou Saache Prezisiounen ze kréien.

Merci.

**M. Xavier Bettel,** *Ministre des Communications et des Médias*.- Här President.

**M. le Président**.- Här Statsminister.

**M. Xavier Bettel,** *Ministre des Communications et des Médias*.- Parole après député dann.

Ech wollt just hei ënnersträichen, dass déi Konferenz dräi Woche gedauert huet. An do ass och eng Dynamik an enger Konferenz. A wa mir au préalable an all Konferenz, international Konferenz, wou mer ginn, musse soen, mir kënnen näischt décidéieren, well mer net wëssen, wat eis Chamber doriwwer seet! Hei si jo Dispositiounen, wou mer der Meenung sinn, dass se am Intérêt vun der Saach sinn.

An zu Lëtzebuerg war nach ni e Mandat préalable gefrot ginn, ob dat elo fir en Europäesche Conseil ass, ob dat fir Dispositiounen um europäeschen Niveau oder bei internationale Gremien ass. Wann dat eng nei Fuerderung vun der Majoritéit sollt sinn, soll een dat maachen. Mä ech mengen, dass dës Dispositioune kompatibel sinn zu där Politik, déi mer och eis engagéiert hunn, fir déi nächst véier an en halleft Joer mindestens nach ze maachen.

**M. le Président**.- Merci dem Här Statsminister. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6640 iwwergoen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 6640 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

59 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl, 57-mol Jo, 2 Abstentiounen, wou ech dovun ausginn, dass déi motivéiert sinn. De Projet ass domat ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Nancy Arendt), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Diane Adehm), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;*

*MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Se sont abstenus: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Dat ass dann esou décidéiert. Merci.

Dee leschte Projet vun eisem Ordre du jour ass de Projet de loi 6420 iwwert de Fonds National de la Recherche. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. De Rapporteur, den Här Bauler, steet scho prett,.

Den Här André Bauler huet d'Wuert, fir de Projet ze presentéieren.

## 12. 6420 - Projet de loi

### - modifiant la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un Fonds National de la Recherche dans le secteur public;

### - modifiant la loi modifiée du 12 août 2003 portant création de l'Université du Luxembourg

***Rapport de la Commission de l'Enseignement supérieur, de la Recherche, des Médias, des Communications et de l'Espace***

**M. André Bauler** *(DP), rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, nieft dem Pisa-Wëssensmagazin, deen elo scho fënnef Joer op der Tëlee leeft an deen een net méi spéit wéi de leschte Sonndeg fir déi 85. Kéier kucke konnt, gehéieren de Science Festival oder och nach d'Chercheurs à l'école zu deenen Initiativen, déi de Fonds National de la Recherche an d'Liewe geruff huet a finanziell ënnerstëtzt, fir d'Éffentlechkeet fir méi Fuerschung hei zu Lëtzebuerg ze sensibiliséieren.

Den FNR huet sech an de leschte 15 Joer zu engem wichtege Partner entwéckelt, wann et drëm geet, d'Kultur vun der Wëssenschaft ze promouvéieren. Och de Science Festival ass eng eemoleg Geleeënheet, fir den Dialog tëschent der Wëssenschaft an der Gesellschaft ze férderen. Den FNR ënnerstëtzt d'Promotioun vun der Kultur, der wëssenschaftlecher Kultur. Dat ass extrem wichteg, fir bei eiser Jugend den Appetit an den Intérêt un de Wëssenschaften ze erwächen a waakreg ze halen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech méi genee op de Gesetzesprojet u sech aginn, erlaben ech mer, dësen Text a méi e generelle Kontext ze stellen. Am 21. Jorhonnert hänkt de Räichtum vum Land méi wéi jee vum Wësse vu senge Bierger of. Eise Wuelstand wäert ëmmer méi op wëssenschaftlech Entwécklungen an op déi technologesch Uwendunge vun dësem neie Wëssen opgebaut sinn. Dofir ass et essenziell, datt mir als Land a Fuerschung, Entwécklung an an d'Innovatioun investéieren, fir eis Zukunft ofzesécheren.

D'Fuerschung, a besonnesch déi ëffentlech Fuerschung, déi jo iwwert den FNR ënnerstëtzt gëtt, soll sech virun allem mat de wichtegen Erausfuerderunge vun eiser Zäit beschäftegen. An de leschte Joren huet sech kloer gewisen, datt déi Länner, déi eng zolidd Fuerschungsbasis hunn, d'Kris besser bewältege konnte wéi Länner, déi net esou staark an d'Fuerschung investéiert haten. Eis Fuerschungslandschaft gouf an de leschte Joren diversifizéiert. Stat an FNR hunn dozou hire respektive Bäitrag geleescht.

Et gouf och néideg, eise Fuerschungssystem ënnert d'Lupp ze huelen a kritesch ze beliichten. Mëtt des leschte Jorzéngts ass dësen Exercice an d'Wee geleet ginn. 2005 huet déi deemoleg Regierung der OECD dofir eng Analys an Evaluatioun vun eisem nationale Fuerschungs-, Innovatiouns- an Entwécklungsdispositif uvertraut. Och d'Stäerkten an d'Schwächte vum ëffentleche Recherches-System goufen analyséiert.

De Fonctionnement vum FNR gouf 2010 bewäert. Op Basis vun all deenen Evaluatioune gouf festgehalen, fir déi gesetzlech Änderunge virzehuelen, déi sech onweigerlech opdrängen. De Gesetzesprojet, dee mir haut guttheesche sollen, huet als Zil, dat modifizéiert Gesetz vum 31. Mee 1999, dat den FNR am ëffentleche Secteur geschafen huet, an dat modifizéiert Gesetz vum 12. August 2003, dat d'Uni Lëtzebuerg an d'Liewe geruff huet, ze adaptéieren.

Ech wëll nach eemol drun erënneren, datt den FNR geschafe gouf, fir de Fuerschungsaktivitéiten am ëffentleche Secteur eng zousätzlech Impulsioun ze ginn, dëst mat enger duebeler Missioun. Engersäits goung et mam FNR-Gesetz drëm, fir Gelder ze sammelen, ze verwalten an anzesetzen, déi aus ëffentlechen a private Quelle kommen, fir um nationale Plang d'Recherche an déi technologesch Entwécklung am ëffentleche Secteur ze ënnerstëtzen. Anerersäits ass et drëms gaangen, e permanente Reflexiounsprozess ze féieren, mat Hëllef vun deem déi national Fuerschungspolitik opgrond vu wirtschaftlechen Donnéeë kann orientéiert ginn.

Den FNR gëtt aus dem Statsbudget finanzéiert, mä an de leschte Joren huet den FNR et ëmmer nees fäerdegbruecht, Drëttmëttel aus den europäesche Fuerschungsprogrammer ze kréien, dëst an der Héicht vun 3% bis 5% vu senge Recetten. Ëm 4% vun den Dépensë ginn zurzäit an d'Personalkäschten, 2% an d'Promotioun vun der Fuerschung an ëm déi 90% fléissen a Projeten, déi zesumme mat der Uni, de CRPen, dem CEPS, dem Statec, dem CHL, dem Naturhistoresche Musée an dem Statslabo souwéi anere Partner ëmgesat solle ginn.

Den FNR ënnerstëtzt d'Recherche am ëffentleche Secteur mat engem diversifizéierte Portefeuille vun Instrumenter, denke mer un thematesch a strukturell Fuerschungsprogrammer, Begleedungsmoossnamen oder Hëllef fir Formation-Recherche. D'Entwécklungen an der Fuerschung an an der Innovatioun am leschte Jorzéngt hu kloer gewisen, datt den FNR op legalem Plang ugepasst muss ginn. Heibäi geet et och drëm, d'Recommandatioune vun der OECD a vum Cabinet d'experts zumindest deelweis ëmzesetzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet 6420 gouf den 3. Abrëll 2012 duerch den deemolegen Héichschoulminister François Biltgen déposéiert an nieft dem Statsrot vun der Salariats-, der Handels- an der Statsbeamtekummer aviséiert. Fir den Detail vun de legislativen Aarbechten erlaben ech mer, op de schréftleche Rapport ze verweisen.

D'Gesetzesmodifikatioune situéiere sech op sechs Niveauen. Ech wëll se hei kuerz résuméieren.

Éischtens: D'Missioune vum FNR ginn à jour gesat. De Gesetzesprojet klarifizéiert d'Aufgabe vum FNR, andeems en d'Natur an d'Ziler vum Fong senger Aktioun preziséiert an andeems en d'Roll vum FNR als Haaptinstrument an als Bailleur de fonds an der Regierung hirer Fuerschungspolitik gesäit. Dëse Projet féiert och d'Notioun vun der Valorisatioun vun de Resultater an der ëffentlecher Fuerschung an. Et geet also och drëm, fir derfir ze suergen, datt d'Fuerschung um Terrain hire gréisstméiglechen Nidderschlag fënnt.

Zweetens: De Krees vun de Bénéficiairë soll erweidert ginn. Dëse Krees gëtt folgendermoossen definéiert: Et sinn dat d'Établissements publics, déi d'Recherche als Haaptmissioun an hirer Base légale ageschriwwen hunn; ëffentlech Organismen, Servicer an Etablissementer, déi an den Domänen, déi si betreffen, Fuerschungsaktivitéiten ënnerhuelen; d'Associatiounen an d'Fondatiounen ouni Gewënnzweck, déi dem modifizéierte Gesetz vum 21. Abrëll 1928 ënnerleien an déi Fuerschungsaktivitéiten ënnerhuelen an deenen Domänen, déi si uginn. Si brauchen awer en Agrément vum Minister.

Drëttens: Fir d'Autonomie vum FNR ze stäerken, gesäit de Gesetzesprojet vir, datt d'Relatiounen tëschent dem FNR an dem Stat duerch eng méijähreg Konventioun geregelt ginn, déi engersäits déi allgemeng Politik vum FNR, seng strategesch Choixen, seng Aktivitéiten a seng Ziler festhält an op där anerer Säit d'Mëttel definéiert, déi de Stat dofir zur Verfügung stellt.

Véiertens: D'Gouvernance vum FNR gëtt nei definéiert. Den FNR setzt sech aus zwee Organer zesummen, dem Verwaltungsrot an dem wëssenschaftleche Rot, dem sougenannte Conseil scientifique. Fir d'Autonomie vum FNR ze stäerken, ginn d'Rolle vun deenen zwee Organer nei definéiert. An dësem Kader gëtt och eng méi kloer Trennung tëschent den Aufgabe vum Conseil d'administration an deene vum Generalsekretär agefouert. De Verwaltungsrot ass fir d'Strategie zoustänneg, während de Generalsekretär fir d'Ëmsetzung vun dëser Strategie responsabel zeechent.

***(Mme Simone Beissel prend la présidence.)***

Mat dësem Projet soll de Verwaltungsrot an Zukunft nëmmen nach mat externe Perséinlechkeeten, déi also vun ausserhalb vum FNR a senge Bénéficiairë kommen, besat ginn. Dës Leit ginn ausgewielt en fonction vun hirer wëssenschaftlecher Kompetenz an hirer Expertise, och um Terrain vun der Valorisatioun vun der Recherche. D'Zuel vun de Membere geet erof vun 12 op 9.

Déi automatesch Vertriedung vu verschiddene Ministèren am Verwaltungsrot gëtt ofgeschaaft. Am Géigenzuch gesäit de Projet vir, datt d'Funktioun vum Regierungskommissär agefouert gëtt. Dëse participéiert un de Sëtzunge vum Verwaltungsrot mat berodender Stëmm, kann awer Décisiounen en suspens halen, wa se net de Reglementer oder de Kontrakter mam Stat entspriechen.

De Verwaltungsrot vum FNR muss och net méi all Entscheedungen, déi mat der Verwaltung vum Fong ze dinn hunn, huelen. De Conseil d'administration definéiert déi generell Politik an d'Strategie vum FNR am Kader vun der pluriannueller Konventioun. Et ass de Generalsekretär vum FNR, deen de Chef vum Exekutiv ass an deen den FNR dirigéiert, deen déi deeglech Entscheedungen an der Gestioun vum FNR hëlt. Hie rapportéiert regelméisseg un de Conseil d'administration. Dëse Gesetzesprojet verstäerkt also d'Roll vum Generalsekretär. Am Gesetz vun 1999 hat hie virun allem eng administrativ Aufgab.

Wat de Conseil scientifique ugeet, esou gëtt deen an deem Sënn reformiéert, datt an Zukunft d'Bénéficiairë vum FNR, y compris d'Uni, net méi an dësem Gremium vertruede sinn. Dëst geet jo och aus de Recommandatioune vun der OECD ervir. Dëst ass noutwendeg, fir datt d'Entscheedungen an aller Transparenz an Neutralitéit geholl kënne ginn.

Fënneftens: Den Dispositif vun den Aides an der Formation-Recherche gëtt modifizéiert an deem Sënn, datt och Écoles doctorales oder Fuerschungsschoulen iwwert de Wee vun den Aides à la Formation-Recherche finanzéiert ginn. D'Bewertungskritäre fir dës kollektiv Subventiounen applizéiere sech net op den individuelle Projet, mä op de méijährege Programm vun der École doctorale. Dës Dokterschoule ginn net nëmmen eng wëssenschaftlech Kultur mat op de Wee, mä droen och maassgeblech dozou bäi, datt déi jonk Chercheuren - dat ass wichteg - an d'Beruffsliewen integréiert ginn.

Lëtzebuerg stet am europäesche Kontext scho ganz vir, wat d'sozial Ofsécherung vun de Chercheuren ugeet, an och bei deenen, déi eréischt an der Recherche ufänken. Well a ville Länner d'Doktorande sech nach ëmmer mat Bourssen ouni Aarbechtsvertrag, ouni integréiert Sozial- a Pensiounsversécherungen zefridde musse ginn, hunn d'Doktoranden an d'Postdoktoranden hei zu Lëtzebuerg dee Virdeel, datt si ënner engem Aarbechtsvertrag kënne schaffen.

Sechstens: Zum Schluss ass nach ze bemierken, datt dëse Projet de loi d'Fonctionnarisatioun vun den Employés d'État virgesäit, déi am Departement Recherche an Innovatioun vum Héichschoulministère schaffen. Well et am aktuelle Gesetz keen effektive Kader gouf, hunn d'Renforcementer u Personal sech iwwert de Wee vu Rekrutementer an der Carrière vum Employé d'État gemaach. Well dës Agenten awer Aufgabe wouerhuelen, déi mat der Ausféierung vun de souveräne Missioune vum Stat ze dinn hunn, solle si an Zukunft vum Statsbeamtestatut bénéficiéieren.

Madame Presidentin, fir den Detail vun de verschiddenen Avise vun de Chambres professionnelles wëll ech aus Zäitgrënn op mäi schréftleche Rapport verweisen. Ech wëll awer e puer Punkten opgräifen, déi de Statsrot a sengen Avisen opgeworf huet. De Conseil d'État huet säin Avis den 23. Oktober 2012 ginn. De Statsrot plädéiert fir eng optimiséiert Gouvernance vum Fuerschungssecteur. D'Änderungen, déi am Gesetzesprojet virgesi sinn, géifen zu enger Erweiderung vun de Kompetenze vum FNR féieren, ouni awer e Rééquilibrage vu sengem Interventiounsfeld an eng Restrukturatioun vun den ëffentlechen Institutiounen, déi vum Finanzement vum FNR profitéieren, ze viséieren.

De Statsrot schwätzt sech géint d'Éligibilitéit vun ëffentlechen Etablissementer a Servicer aus, déi d'Recherche net als Haaptaktivitéit hunn an déi vun hiren eegene Budgete finanzéiert ginn. E schwätzt sech och géint Vereenegungen a Stëftungen ouni Gewënnzweck aus, déi vum Finanzement vum FNR kéinte profitéieren. Den FNR kéint doduerjer riskéieren, net nëmmen eng Superstruktur fir de Finanzement vun aneren Établissements publics ze ginn, mä och eng Adress fir Demandes de subventions de tous genres.

Wat d'Zesummesetzung vum Verwaltungsrot vum FNR ugeet, esou plädéiert de Statsrot derfir, déi geplangten Dispositioun, déi eng équilibréiert Vertriedung vu Männer a Frae virgesäit, ze preziséieren an eventuell Quoten anzefëieren. De Statsrot huet sech och géint d'Asetze vun engem Regierungskommissär ausgeschwat, deen eng Supervisiounsmissioun hätt. Dës Missioun kéint senger Meenung no vun de Verwaltungs- an Direktiounsgremie vum FNR geleescht ginn.

De Statsrot huet och d'Fro vun den Immobilien opgegraff, déi an d'Kapital vum FNR ze integréiere wieren. Et kéim zu enger Opposition formelle, wann dës Immobilien, also Gebaier, Équipementer, etc. net an enger separater Annex vum Gesetz opgelëscht géife ginn.

Dann huet de Statsrot sech och nach prinzipiell d'accord erkläert, fir den Employéen, déi am zoustännegen Departement vum Héichschoulministère schaffen, de Statut vum Fonctionnaire ze ginn.

A sengem Avis complémentaire vum 30. Abrëll 2013 huet de Conseil d'État drop bestanen, datt d'Jetonen an d'Indemnitéiten, déi de Membere vum FNR-Verwaltungsrot, vum Conseil scientifique an dem Regierungskommissär bezuelt ginn, obligatoresch iwwer Règlement grand-ducal musse fixéiert ginn.

A sengem zweeten Avis complémentaire vum 20. Dezember 2013 huet de Statsrot d'Regierungsamendementer a puncto Propriété foncière vum FNR a Jetons de présence guttgeheescht. Et ass an der Kommissioun festgehale ginn, datt d'Mise à disposition vu Gebaier, Équipementer an esou weider déi bescht Léisung ass, déi zréckbehale ka gi fir all d'Établissements publics, déi am Beräich Héichschoul, Fuerschung an Innovatioun a terme an der Cité des Sciences zu Belval implantéiert ginn.

A sengem drëtten Avis complémentaire vum 6. Mee 2014 huet de Conseil d'État sech finalement derfir ausgeschwat, eng Loi générale auszeschaffen, wat déi équilibréiert Vertriedung vun deenen zwee Geschlechter an de Verwaltungsréit vun den Établissements publics betrëfft. Am Regierungsprogramm steet nämlech geschriwwen, datt an de Verwaltungsréit vun den Établissements publics eng équilibréiert Vertriedung tëschent Männer a Frae soll sinn. Dëst wier e Pilier vun der Politik, déi d'Égalitéit tëschent Männer a Frae promouvéiert.

Fir dëst Zil ze erreechen, peilt d'Regierung bis 2019 eng Representatioun vu 40% vum ënnerrepresentéierte Geschlecht un. D'Kommissioun huet dofir de 24. Februar 2014 en Amendement parlementaire an deem Sënn eragereecht. De Statsrot hätt also léiwer gesinn, wann eng Loi générale zu dësem Thema komm wier, well dat och vermeide géif, datt ähnlech Dispositioune bei der Ausaarbechtung vun anere Gesetzestexter iwwersi kéinte ginn.

D'Kommissioun huet sech finalement majoritär derfir ausgeschwat, fir elo emol an dësem Gesetzesprojet an och am Projet de loi iwwert d'CRPen der Regierung hirem Wonsch Rechnung ze droen a festzehalen, datt d'Proportioun vun de Membere vum Verwaltungsrot vun all Geschlecht net ënner 40% ka leien.

Souwäit also zu den Avise vum Statsrot. Fir all aner Detailer verweisen ech, wéi gesot, op mäi schréftleche Rapport.

Zum Schluss wëll ech all deene Leit Merci soen, déi zu dësem Rapport bäigedroen hunn, deen dëse Méindeg 30. Juni an der Kommissioun majoritär ugeholl gouf. Merci der Presidentin an de Memberen aus der zoustänneger Héichschoulkommissioun fir hir Iwwerleeungen an hir konstruktiv Mataarbecht. E besonnesche Merci geet och un d'Madame Huberty, dat ass d'Sekretärin vun der Héichschoulkommissioun, déi déi redaktionell Aarbecht ronderëm dëse Gesetzesprojet wéi gewinnt mat vill Kompetenz an Zouverlässegkeet begleet huet. Merci och de Beamten aus dem Héichschoulministère, déi der Kommissioun Erklärunge geliwwert hunn.

Ech schléisse meng mëndlech Interventioun, andeems ech dann och den Accord vun der Fraktioun vun der Demokratescher Partei zu dësem Projet de loi abréngen. Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**Mme la Présidente**.- Merci dem Här André Bauler fir säi breet gefächerte Rapport an dësem interessanten an esou wichtege Secteur fir Lëtzebuerg. A Merci och fir déi léif Mercie vun Ärer Säit un eis alleguerten.

Als éischt ageschriwwe Riednerin ruffen ech elo op d'Tribün d'Madame Martine Hansen.

***Discussion générale***

**Mme Martine Hansen** *(CSV)*.- Merci, Madame Presidentin. Als Alleréischt e grousse Merci un de Rapporteur, den Här André Bauler, fir dee ganz detailléierte Rapport. De Rapport war esou detailléiert, datt ech mech, mengen ech, ka mat guddem Gewësse relativ kuerz halen. An ech ginn dovunner aus, datt déi mannst vun Iech do eppes dergéint hunn.

Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg huet am Verglach zu aneren europäesche Länner net nëmmen eng relativ jonk Geschicht am Beräich vun der Recherche, mä och eng net ganz typesch Geschicht, an dat, well mer scho Fuerschungszentren haten, ier mer iwwerhaapt eng Uni kritt hunn. Nodeems Luxinnovation viru genee 30 Joer gegrënnt ginn ass, ass 1987 de legale Kader vun der Recherche publique definéiert ginn an déi zwee éischt CRPen, de CRP Lippmann an de CRP Tudor, si gegrënnt ginn. De CRP Santé koum dunn 1988 an de CEPS/Instead 1989 derbäi. Och d'Upassung vun dëse Gesetzer ass zimlech dréngend.

Datt d'Verstäerkung vun der Innovatioun an domadder gekoppelt vun der Recherche absolut noutwendeg war, fir eis Ekonomie erëm méi ze diversifizéieren, dat war ni a Fro gestallt. Mä dës jonk Recherche, déi fir déi ekonomesch Entwécklung vun eisem Land e wichtege Pfeiler ass, huet e richtege Kader gebraucht. Dofir ass 1999 dunn den FNR an och den Héichschoul-, Kultur- a Recherche-Ministère gegrënnt ginn.

Ech wëll kuerz op déi eigentlech Missioun vum FNR zréckkommen, och wa mäi Virriedner dat scho gemaach huet. De Fonds National de la Recherche soll Impulser fir d'Fuerschung zu Lëtzebuerg ginn. Eng vun den Aufgaben ass d'Matfinanzéierung vun de Fuerschungsprogrammer. Fir awer kënnen eng Selektioun vun deenen ze ënnerstëtzende Programmer ze maachen, hu missen déi national Prioritéite vun der Recherche festgeluecht ginn. Dës sinn 2007 opgrond vun de Recommandatioune vum FNR am Kader vu senger FNR-Foresight éischtmools festgehale ginn.

Dank dem FNR hu sech zu Lëtzebuerg iwwer all déi Joren thematesch Beräicher an der Fuerschung profiléiert. Den FNR huet sech zu engem onëmgänglechen, absolut wichtegen, zouverlässegen an effizienten Organ am Lëtzebuerger Fuerschungswiesen entwéckelt. Dofir wëll ech op dëser Plaz all den Acteure vum FNR an och vum Héichschoulministère, déi an deem Beräich schaffen - déi sëtzen do uewen -, e grousse Merci soen. Den FNR ass eist Haaptinstrument, fir eng adequat Ëmsetzung vun der Recherche ze garantéieren.

Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, eng Upassung vum Gesetz vun 1999 ass éischtens duerch den eegenen Erfolleg, duerch déi rasant Entwécklung vun eiser Recherche, virun allem vun der Recherche publique, noutwendeg ginn. Wéi rasant d'Evolutioun vun der Recherche hei zu Lëtzebuerg war, léisst sech ganz däitlech duerch d'Entwécklung vun de Budgetsdépensen an dësem Beräich beleeën:

- Am Joer 2000 goufen 28 Milliounen Euro ëffentlech Gelder fir den RDI-Beräich ausginn; 13 Joer duerno hat sech dat verzéngfacht.

- 2000 louch de Budget vum FNR fir den RDI-Beräich bei 1,2 Milliounen Euro, 13 Joer duerno bei 52 Milliounen Euro.

En zousätzlechen Ustouss, fir d'Gesetz unzepassen, koum, sou wéi den Här Bauler et gesot huet, duerch d'Recommandatioune vun der OCDE. Den Haaptobjektiv vun där Etüd, déi vum Fuerschungsministère an Optrag gi gi war, war, fir d'Stäerkten an d'Schwächte vun eiser Recherche ze definéieren a virun allem och fir d'Gouvernance vun der ëffentlecher Recherche ze analyséieren, well d'Effizienz vun dëser Gouvernance ganz staark de sozioekonomeschen Impakt, dee mer eis jo vun der Recherche erwaarden, beaflosst.

Ech wëll elo net nach eemol am Detail op all d'Upassungen agoen, mä trotzdeem wëll ech heizou e puer Saache soen.

Wichteg ass et, datt d'Missioune vum FNR ugepasst gi sinn. Säi Rôle als Bailleur de fonds a seng Bedeitung, fir d'Politique gouvernementale am Beräich vun der Recherche ëmzesetzen, ginn zousätzlech ënnerstrach. Wichteg ass awer och, datt den FNR zu der Valorisatioun vun de Resultater aus der Recherche publique bäidréit, fir datt dës Resultater e positiven a konstruktiven Impakt op d'Entwécklung vun der Wirtschaft, eiser Gesellschaft an eiser Kultur hunn.

Datt d'Feld vun de méigleche Bénéficiairen erweidert gëtt, kann nëmme virdeelhaft fir d'Entwécklung vun eiser Recherche sinn. Natierlech ginn déi eenzel virgestallte Projete vun deenen eenzelne méigleche Bénéficiairen nach vum FNR evaluéiert, ier décidéiert gëtt, ob de Projet ënnerstëtzt gëtt oder net. Et geet also hei an alleréischter Linn ëm d'Qualitéit vun der Recherche an net ëm d'Quantitéit, wéi een dat vläicht kéint mengen, doduerch datt d'Éligibilitéit méi grouss gemaach gëtt.

Och d'Gouvernance vum FNR huet missen ugepasst ginn. De Projet de loi 6420 féiert de Prinzip vun der Muechtentrennung um Niveau vun der Gouvernance an. Déi jeeweileg Kompetenze vum Conseil d'administration, vum Conseil scientifique a vum Secrétaire général si ganz kloer opgedeelt.

De Conseil scientifique soll de Conseil d'administration assistéieren, vun deem en d'Berodermissioun am wëssenschaftleche Beräich huet. Am Conseil scientifique däerf kee Bénéficiaire méi dra sinn; dat ass absolut noutwendeg, fir d'Transparenz an d'Neutralitéit ze garantéieren.

Am Conseil d'administration sinn d'Ministèren net méi direkt vertrueden. Als Contrepartie, sou wéi den Här Bauler et gesot huet, a well virun allem och ee bemierkenswäerte Budget trotzdeem zur Verfügung gestallt gëtt, ass de Commissaire du Gouvernement, sou wéi bei der Uni, als Observateur mat Voix consultative agefouert ginn.

Engersäits gëtt een also dem FNR eng méi grouss Autonomie an de Finanzen, an der Administratioun, an der Recherche. Anerersäits kritt hien awer och méi Verantwortung doduerch a muss deemno och fir Transparenz an Effikassitéit suergen. De Contrat de performance ass en zousätzlecht Instrument vun der Regierung, fir zesumme mam FNR d'Ziler vun der Politik an dësem Beräich festzehalen.

Och d'Aféierung vun der Aide à la Formation-Recherche «collective», déi et elo erlaabt, fir d'Écoles doctorales oder d'Écoles de recherche duerch den Intermédiaire vun der AFR matzefinanzéieren, ass duerch d'Entwécklung vun der Recherche zu Lëtzebuerg absolut noutwendeg ginn a wäert et och erlaben, d'Chercheuren iwwert dës schoulesch Strukturen ze fërderen an hinnen och bei enger berufflecher Carrière spéiderhin ze hëllefen.

D'Fonctionnariséierung vun de sechs Employés d'État am Fuerschungsdepartement ass ebenfalls eng absolut wichteg Moossnam a war dofir vum deemolegen CSV-Minister virgeschloe ginn.

Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach eng lescht Bemierkung, ier ech zum Schluss kommen.

An zwar wëll ech och nach kuerz op d'Representatioun vun de verschiddene Geschlechter an de verschiddene Conseilen agoen. Als CSV hate mer och schonns 2012 an der éischter Versioun vum Projet de loi 30% virgesi fir dat manner representéiert Geschlecht. Dir hutt dëse Prozentsaz, sou wéi et an Ärem Regierungsprogramm steet, op 40% gehuewen, wat a priori och net schlecht ass, falls Der eben d'Leit fannt. Dat ass am Beräich vun de Sciencë leider net ëmmer evident.

Ech wëll awer nach eemol drop hiweisen, datt mir als CSV - sou wéi och de Conseil d'État - et besser fonnt hätten, wann Der een allgemengt Gesetz fir all d'Établissement-publice gemaach hätt, fir eben ze verhënneren, datt mer all eenzelt Gesetz mussen upassen, respektiv fir ze verhënneren, datt dës Saach emol eng Kéier kéint an engem Gesetz vergiess ginn.

Dat gesot, Madame President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech ofschléissend nach eemol betounen, datt déi ganz positiv Entwécklung vun der Recherche hei zu Lëtzebuerg och e Beweis fir dës laang, geziilt a geschlosse Politik vun de Regierungen zënter den 80er Joren ass.

D'CSV huet sech bis d'lescht Joer dëser Responsabilitéit och ëmmer ugeholl a mir sinn der fester Iwwerzeegung, datt mer d'Recherche an d'Innovatioun wäit no vir bruecht hunn, zesumme selbstverständlech mat eise Partner. D'CSV huet och jorelaang op eng budgetär Prioritéit fir dëse Beräich gepocht, an dat huet sech ausbezuelt.

D'Recherche ass eis Matière première, eis éischt Ressource, déi eis d'Méiglechkeete gëtt, eis wirtschaftlech, gesellschaftlech a kulturell sou ze entwéckelen, wéi mer dat brauchen. Mir dierfen eis déi Chance net entgoe loossen, zemools an Zäiten, wou villes geännert huet - am Finanzwiesen oder och an der Industrie. A villes wäert sech och nach änneren.

Den FNR ass hei en onëmgänglechen Acteur. Et ass also méi wéi wichteg, dëser Institutioun déi adequat an adaptéiert Moyene weiderhin zur Verfügung ze stellen an hire legale Kader unzepassen.

Dir Dammen an Dir Hären, wéi Der gesitt: Ech si begeeschtert vun der Recherche an och vum FNR. Ech ginn natierlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi. Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**Mme la Présidente**.- Merci, Madame Hansen, fir Är flott Interventioun. Als nächst Riednerin ass d'Madame Taina Bofferding ageschriwwen.

**Mme Taina Bofferding** *(LSAP)*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, aus engem Avis zur Beuerteelung vun der Strategie vum FNR, deen de Fuerschungsministère viru Joren an Optrag ginn huet, geet ervir, dass den FNR maassgeblech dozou bäidréit, déi wëssenschaftlech Qualitéit vun den ëffentleche Fuerschungsprojeten ze erhéijen an d'Wëssenschaftskultur am Land ze fërderen.

Wëssenschaft a Fuerschung mat ëffentleche Gelder ze ënnerstëtzen, ergëtt sech aus der zentraler Bedeitung, déi der Produktioun vun neiem Wëssen an dem Weiderginn un d'Gesellschaft zeguttkënnt. An domadder zielt déi systematesch Sich no neien Erkenntnisser ënner Uwendung vu wëssenschaftleche Methoden a geplangter Form zu de gréisste Grondlage vun enger positiver Zukunftsentwécklung.

Wëssenschaft a Fuerschung si Moteure vun der gesellschaftlecher, technescher a wirtschaftlecher Entwécklung vun eisem Land an domadder och e wichtege Bäitrag zur Sécherung vu Wuelstand a Liewensqualitéit. Wëssenschaft a Fuerschung sinn net «de l'art pour l'art», mä sollen och ëmmer eng gesellschaftlech Relevanz hunn. Wann Institutioune mat Steiergelder finanzéiert ginn, musse se alle Beräicher vun der Gesellschaft zeguttkommen. Dofir ass et och richteg, dass den FNR weiderhin aktiv dozou bäidréit, dass dat de Fall ass.

Wëssen ass en ëffentlecht Gutt, a well Grondlagefuerschung an applizéiert Fuerschung zum Beispill net nëmme Bildung a Kultur an eiser Gesellschaft beräicheren, mä och Wuelstand a vollekswirtschaftlechen Erfolleg sécheren, musse se vum Stat ëmfangräich erméiglecht an ënnerstëtzt ginn. An dëst gehéiert zu de wichtegsten Aufgabe vun engem moderne Stat.

Fir d'sozialistesch Fraktioun ass kloer, dass d'Politik an der Flicht ass, der Wëssenschaft, a speziell der ëffentlecher Fuerschung, genuch Entfalungsméiglechkeeten ze ginn, a se net aus der finanzpolitescher Perspektiv eraus ënnert dem Deckmantel vun der Effizienzsteigerung an e wirtschaftslastegt Korsett däerf zwéngen.

Fuerschung brauch e staarken ëffentleche Secteur. Eng finanziell a konzeptuell Kooperatioun mat der Wirtschaft gëtt wichteg Impulser fir d'Fuerschung an d'Innovatioun. Dëst däerf awer net ëffentlech diskutéiert a gesaten Objektiver vun der Wëssenschaftsentwécklung ersetzen. Fuerschungsprojeten, an deenen hirem Zentrum just de finanziellen Notzen - fir net ze soen: just de Profit - steet, kënne fir d'LSAP keng Antwert op déi sozial an ekonomesch Erausfuerderungen a Problemer ginn, déi virun eis stinn. Dofir nach eemol: D'Fuerschung an d'Entwécklung musse sech virun allem un de Besoine vun der Gesellschaft orientéieren an net just un den Interesse vun de Grousskonzerner.

Nun, Dir Dammen an Dir Hären, d'Fuerschung kascht Geld. A mat der Kreatioun vum FNR viru 15 Joer gouf eng wichteg Finanzéierungsquell fir Wëssenschaftlerinnen a Wëssenschaftler geschafen. Mat dësem Instrument ass och sécher gestallt, dass Lëtzebuerg an d'Wëssenschaft, d'Fuerschung an d'Entwécklung investéiert.

De Stat suergt mat sengen Aktivitéiten a finanzielle Bäiträg derfir, dass d'Fuerschung an d'Innovatioun e gudden, villsäitegen Nährbuedem zu Lëtzebuerg virfannen. Dozou gehéieren zu den direkten Investitiounen an Hëllefstellunge vill weider Tätegkeeten, déi op den éischte Bléck éischter e lasche Lien hunn, wéi d'Investitiounen an d'Infrastrukturen an an d'Bildungsqualitéit.

Fir d'sozialistesch Fraktioun muss d'Fuerschungspolitik finanziell a konzeptuell esou ausgeriicht sinn, dass se den internationale Verflechtunge vu Wëssenschaft a Wirtschaft, de steigende Käschte vun der Fuerschung, der Komplexitéit vun de Fuerschungsaktivitéiten an dem Strukturwandel vun de Fuerschungsorganisatioune begéint.

D'Haaptaufgab vum FNR besteet an der konkurrenzhalteger Auswiel vun de beschte Fuerschungsvirgabe vun de Chercheuren an an der Finanzéierung dovun. An dat geet vum Doktorand iwwert de Postdoktorand, de Junior Scientist bis hin zum Senior Scientist. Den FNR bréngt d'Fuerschung weider an dréit se an d'Ëffentlechkeet, woumadder mir wäertvollt Wësse fir d'Gesellschaft, d'Wirtschaft an d'Politik kréien. Och soll de wëssenschaftlechen Nowuess bei der Sich no neien Erkenntnisser ënnerstëtzt ginn. Hei spillt d'Promotioun vun der Culture scientifique, wéi dem Science Festival, dee virdrunner schonn ugeschwat ginn ass, oder dem Internetsite science.lu eng wichteg Roll, an deemno ass et och gutt, dass dës Elementer am Gesetz solle festgehale ginn.

Weider mécht eng Reformulatioun vun den Tâchë vum Fong Sënn. Säi Generalsekretär hat an engem Zeitungsartikel um Ufank vu sengem Mandat ugefouert, dass den FNR als onofhängege Lien tëschent der Regierung an de Fuerschungsariichtungen ze considéréiere wär.

Den FNR beréit d'Regierung an ëffentlech Ariichtungen a wëssenschaftleche Froen. Als eng Stëmm vun der Wëssenschaft am politeschen a gesellschaftlechen Discours begleet de Fong politesch Entscheedungsprozesser mat wëssenschaftlechem Sachverstand. Fir d'Vergi vun ëffentleche Fuerschungsgelder brauche mer en demokrateschen, partizipatoreschen a verlässlechen Entscheedungsprozess, dee fräi vun Interessekonflikt ass an net vun der Industrie dominéiert gëtt. An de Fong ass e Garant dofir.

Fir d'Glafwierdegkeet vun der Wëssenschaft ass d'Schafe vun Transparenz an der Finanzéierung noutwendeg. Hei entscheet net e Lous doriwwer, wien d'Gelder kritt, mä verständlech an transparent Kritären. En externen Avis duerch

Experten ass wesentlech fir Transparenz a Fairness vum Auswielverfahren.

Den FNR ass net just e wichtegt Instrument bei der Verdeelung vu Gelder, mä och bei der Sécherung vun der Qualitéit vun der Fuerschung, déi ënner anerem doduerch ginn ass, dass Experten a renomméiert Wëssenschaftler aus dem Ausland kontrolléieren a beuerteelen.

Wat d'Eligibilitéit betrëfft, fir iwwerhaapt däerfen eng Demande ze stellen, sou ass oft kritiséiert ginn, dass d'Wielbarkeet ze streng geregelt wär. D'LSAP begréisst deemno, dass mam neie Gesetz weider éffentlech Etablissementer a Servicer souwéi och Asblen a Fondatiounen, déi sech am Beräich vun der Fuerschung respektiv fir d'Fuerschung engagéieren, künfteg däerfen eng Demande fir eng finanziell Ënnerstëtzung eraginn.

Weider ass et fir meng Partei och verständlech, dass d'Aides à la Formation-Recherche, also déi Stipendien, déi virun - mengen ech - véier oder aacht Joer agefouert goufen, dass déi och fir Projeten, déi méi am Allgemengen, also als Ensembel ze kucke sinn, künfteg ze ënnerstëtze kënne genotzt ginn.

Neierdéngs soll de Fong och aktiv un der Valorisation des résultats vun der éffentlecher Fuerschung deelhuelen, woumadder gemengt ass, dass Fuerschungsresultater méiglechst schnell dem prakteschen Notzen zougefouert solle ginn.

Eng weider Recommandatioun, déi d'OECD an hirer Analys opgefouert hat, ass eng méi kloer Definitioun vun de Missiounen an Objektiver vun den eenzelnen Acteuren, woubäi eng besser Gouvernance ugestrieft soll ginn. Wichteg ass, dass den FNR gestäerkt gëtt an d'Matwierke vun de Memberen do konzentréiert gëtt, wou et fir Férderungsdécisiounen am effikassten ass. De Partage des pouvoirs mécht deemno Sënn.

Fir der Objektivitéit gerecht ze ginn, sollen am Conseil d'administration nach just Membere vu baussen als Experten en fonction vun hire Kompetenzen erausgesicht ginn. D'Aufgab vum Verwaltungsrot besteet net méi doranner, Entscheedungen zur Gestioun vum Fong ze huelen, mä déi generell politesch Ausriichtung a Strategie ze bestëmmen am Kader vun den Ziler, déi an der Convention pluriannuelle festgehale gi sinn.

Weider Ännerunge gesi vir, dass Membere vum Conseil scientifique net méi gläichzäiteg Bénéficiairë vum FNR däerfe sinn, wat dësem consultativen Organ méi Transparenz an Objektivitéit a sengen Décisiounen erlaabt. Och d'Membere vun de vereenzelte Ministërë sollen net méi am Conseil d'administration siégéieren.

Fir awer eng gewësse Kontroll iwwert d'Etablissement ze hunn, am Sënn vun der technescher an administrativer Handhabung wéi och dem Observéiere vun de gesetzleche Regelungen, wéi bei de Konventiounen, gëtt de Commissaire du Gouvernement agefouert.

Och dem Chef vun der Exekutiv, also dem Generalsekretär säin Tätegkeetsfeld soll erweidert ginn, andeem hie sech net méi op den administrative Beräich limitéiert, mä künfteg och den „daily business" géréiere soll an an deem Kontext all néideg Décisioun kann huelen.

E leschte Punkt, op deen ech wëll agoen, ass e ganz wichtege fir meng Partei, well mer mam Stëmme vun dësem Gesetz och d'Chancen- an d'Geschlechtergerechtegkeet an de Verwaltungsréit ganz geziilt férderen. Haut brénge mer de Steen un d'Rulle mat der Dispositioun, dass am Verwaltungsrot kee Geschlecht mat manner wéi 40% däerf vertruede sinn. Eis Verfassung schreift déi rechtlech an tatsächlech Gläichstellung vu Fra a Mann vir. Dass d'Regierung se an hirem Programm festgehalen huet a mir haut als Chamber enger Geschlechterquot zoustëmmen, entsprécht eigentlech just der Erfëllung vun enger verfassungsméisseger Virgab.

Ouni Quot wär de Fraenundeel - well dat ass nun eemol dat Geschlecht, wat hei viséiert gëtt - am CA bal net oder nëmme lues erhéicht ginn. Fräiwëlleg Vereenbarungen hunn an de vergaangene Joren näischt bruecht, well bis haut ass et net verbueden, dat Geschlecht, wat an der Minoritéit ass, ze férderen oder carrément Gremie paritéitesch ze besetzen. Eng Quot ass keen Allheilmëttel, mä hëlleft, de Prozess sécherlech méi séier virunzedreiwen. An dobäi soll den éffentleche Secteur eng Virbildfonctioun anhuelen a sech bewegen, amplaz weiderhin e schlecht Beispill duerzestellen.

Ofschléissend wëll ech da betounen, dass haut fir d'Éischt eng Geschlechterquot an engem Gesetz festgehale gëtt, an dat, Dir Dammen an Dir Hären, ass wichteg an et ass richteg, an zwar esou laang, bis dat Selbstverständlecht endlech alldeeglech gëtt.

An dësem Sënn: Merci. An ech ginn dann och heimadder den Accord vu menger Fraktioun zum Gesetzestext.

Ech mengen, ech hat am Ufank vergiess, dem Här Bauler Merci ze soe fir säi Rapport; dann huelen ech dat selbstverständlech no.

Villmools Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**Mme la Présidente**.- Merci, Madame Bofferding, fir déi interessant Ried, wou Der notamment d'Wichtegkeet vun der Fuerschung an der Fuerschungspolitik an enger moderner Gesellschaft ënnersträicht an nach eng extra Lanz fir d'Gens femina hei briecht.

Elo ass et um Här Claude Adam, dem nächsten ageschriwwene Riedner, deen ech hei op d'Tribün bieden.

**M. Claude Adam** *(déi gréng)*.- Merci, Madame Presidentin. Et war e laange Wee, bis dëse Projet hei an d'Plénière komm ass. Den Dépôt war jo schonn am Abrëll 2012. Mir si beim drëtte Rapporteur ukomm. Mir hunn nom Avis vum Statsrot zweemol Amendementer an der Chamberskommissioun agereecht an och d'Regierung hat den Text amendéiert, sou datt de Statsrot en éischten, zweeten a schlussendlech en drëtten Avis complémentaire huet missen ofginn.

Ech wollt dann, fir et net ze vergiessen, direkt dem honorabelen Här Bauler villmools Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport. An engems soen ech och senge Virgänger Merci, well déi Aarbecht huet sech jo elo iwwer eng laang Zäit gezunn.

Dee Gesetzesprojet huet, wéi dat sech gehéiert, en Exposé des motifs, an deen Exposé fänkt u mat engem Historique vun e puer wichtege Statioune vun der Politik vun der Recherche am leschte Jorzéngt.

Ouni hei wëllen op den Detail anzegoen, ass et mer awer wichteg, nach eng Kéier drun ze erënneren, datt mir zu Lëtzebuerg immens vill Suen an d'Recherche investéiert hunn. Esou sinn déi Zommen, déi aus dem Statsbudget an d'Recherche gefloss sinn, an deene leschte Joren enorm an d'Luucht gaangen: vun 28 Milliounen am Joer 2000 op 280 Milliounen am Joer 2012. An eréischt d'lescht Woch huet de Statssekretär Marc Hansen eng Konventioun mam FNR fir d'Joren 2014 bis 2017 ënnerschriwwen, iwwer eng Dotatioun vun 232 Milliounen Euro, Suen, déi den FNR mat Hëllef vu senge Programmer a Konditiounen un d'Acteure vun der Recherche publique weiderleet. A bei dës 232 Milliounen, déi den FNR kritt, kommen nach 854,4 Milliounen Euro derbäi, déi de Stat direkt an d'Uni an an d'CRPen investéiert.

Mir haten zu Lëtzebuerg ëmmer déi speziell Situatioun, datt d'Recherche privée verhältnisméisseg vill méi héich louch wéi d'Recherche publique. Bedauerlecherweis weisen d'Chifferen, datt mer déi Dynamik vun den Dépensë vun der éffentlecher Hand leider net am Privatsecteur erëmfannen. Hei geet d'Héicht vun den Investissementer leider net vu Joer zu Joer erop. Hei gëtt et eng gewësse Stagnatioun, souguer e liichte Réckgang vun den Investissementer.

Ee Problem ass zum Beispill, datt vill vun de Betriber bei eis am Land keng Lëtzebuerger Betriber sinn, mä Filiale vun internationale Konzerner zu Lëtzebuerg. Dat gëllt fir de Bankesecteur, awer net nëmme fir dee Secteur.

Et entzitt sich menger Kenntnis, ob et eng Relatioun gëtt tëschent dem Eropgoe vun de staatlechen Investissementer an dem Erofgoe vun de privaten. Et ass awer eng Entwécklung, vun där ech mengen, datt si et verdéngt, genee ënnert d'Lupp geholl ze ginn.

Mir stieche vill éffentlech Gelder an d'Recherche, mä eigentlech leie mer nach ëmmer ënnert deenen Ziler, déi sech déi lescht Regierungen alleguer gestach haten. Zënter 2004 wëlle mer 1% vun eisem PIB investéieren. 2012 louche mer bei 0,66%. An och, wa mer all Budgetsposte sollen a mussen op hiert Spuerpotenzial ënnersichen, da solle mer eis awer bewosst sinn, datt mer grad mam Domän vun der Recherche och d'Basis vun der zukünfteger Entwécklung an eisem Land leeën.

Mir hu mat der Schafung vun der Uni Lëtzebuerg am Joer 2003 och nach e weideren zukunftsträchtegen an deiere Projet lancéiert. Hei sinn d'Dépensë laang Zäit och all Joer ëm en zweestellege Prozentsaz geklommen. An och, wann den Här Tarrach viru Kuerzem gemengt hat, hie géif net all déi Gelder kréien, déi e gäre gehat hätt, ginn ech dovun aus, datt eis Regierung och weiderhin eng Prioritéit am Opbau an am Ausbau vun eiser Uni gesäit.

Léif Kolleegen a Kolleeginnen, méi wéi 25 Joer no der Schafung vun den éischte Centres de recherche publics, gutt zéng Joer no der Schafung vun der Uni Lëtzebuerg a ronn 15 Joer no der Schafung vum FNR kënne mir hei zu Lëtzebuerg houfreg sinn op déi Investissementer, déi mir hei gemaach hunn.

D'Héichschoulpolitik vun eisem Land léisst sech net op eng méi oder manner grousszügeg Bourssepolitik reduzéieren. Do kréie mer jo nach genuch Zäit, fir driwwer ze diskutéieren am Detail. Haut hu mer eng ronn 5.000 Leit, déi am Beräich vun der Recherche schaffen, an och dat ass eppes, wourop mer houfreg kënne sinn.

Am Numm vun der grénger Fraktioun kann ech just ausdrécklech déi Efforte vun deene leschte Regierungen a vun dëser Regierung am Héichschoul- a Fuerschungsberäich ënnerstëtzen. Dat gëllt fir déi allgemeng Ustrengungen, am Detail hu mir natierlech schonn eng Rei Differenzen zu deem, wat déi viregt Regierungen décidéiert haten. Ech wäert, wann och net haut, bestëmmt nach Geleeënheet kréien, dorop ze schwätzen ze kommen.

Eng kruzial Fro fir d'Politik ass natierlech, ob mer déi Suen, déi mer an de Fuerschungs- an Héichschoulberäich investéieren, och beschtméiglech investéieren. Eng Fro stellen ech mer schonn zimlech laang, an ech erlabe mer och haut, dem Fuerschungsminister se hei op dëser Plaz ze stellen.

Eise Fuerschungsministère ass jo eigentlech ee Wahnsinnsministère mat engem verréckte Wuesstum. Wéi ass eise Fuerschungsministère opgestallt? Hu mer genuch Personal a Sachkompetenz, fir mat guddem Gewësse kënnen ze behaapten, datt mer d'Entwécklung vum Fuerschungssecteur am Gréff hätten?

Definéiere mir an eisem Ministère eis Fuerschungspolitik oder gi mir just Suen, vill Suen aus, an anerer décidéieren, wat mat deene Sue geschitt? Wat erwaarde mir eis vun der Fuerschung? Misste mer net och de Conseil supérieur de la recherche opwäerten? Bräichte mer net eppes wéi en „chief adviser" am Fuerschungsministère, ähnlech wéi et esou e Poste bei der EU-Kommissioun gëtt?

Et wier an eisen Aen net schlecht, wa mer op Aenhéicht mat den Experte vun der OCDE kéinte matdiskutéieren. Ech stellen net a Fro, datt mer déi Expertise vun der OCDE brauchen an drop zréckgräifen. Mir kënnen och gréisstendeels mat der Analys an de Recommandatioune vun 2006 d'accord sinn, wou ënner anerem eng Gouvernance déficiente a verschiddene Beräicher vu Recherche & Développement an Innovatioun festgestallt gëtt. Ech muss awer och soen, datt ech zimlech onzefridde war mat der Entrevue, déi mer an der Héichschoulkommissioun mat de Vertrieder vun der OCDE haten.

Mir sinn déi Éischt, déi eng zweet Etüd vun der OCDE froen, mat där mer eis da bescheinege loossen, ob mer eis Hausaufgabe gemaach hunn, déi mer bei der éischter Etüd opgebrummt kruten. Och wann ee Rapport eréischt fir 2015 virgesinn ass, hunn d'Experten duerchblécke gelooss, datt mer a kuerzer Zäit zimlech gutt geschafft hätten an datt et elo drëm géif goen, wéi mer déi nächst Etappe géifen definéieren.

D'OCDE hat eng ganz Rei Entrevuë mat Acteuren aus der Recherche publique an aus der Recherche privée. Ech wënsche mer, datt déi Entrevuë besser geplangt a strukturéiert ware wéi déi Entrevue mat eiser Chamberskommissioun, dat kéint der Seriositéit vum Rapport nëmme guttdinn.

Komme mer da bei den eigentlechen Objet vum Projet de loi vun haut, den FNR. Den FNR - dat ass alles schonn ënner enger ähnlecher Form gesot ginn, ech kann et duerfir kuerz maachen, et ass mer awer wichteg, fir et nach ze rappeléieren -, den FNR ass 1999 an d'Liewe geruff ginn. En ënnerstëtzt d'Recherche am Secteur public. De Rôle vum FNR ass méi grouss ginn am Laf vun de Joren. Seng Part vum Budget huet sech op plus/minus 20% vun der Gesamtenveloppe agependelt.

Den FNR hat vun Ufank un zwou Missiounen, zwou Haaptmissiounen: éischtens, Suen aus éffentlechen a private Quellen asammelen, géréieren an ausginn, fir Recherche an Développement am éffentleche Secteur ze féieren, an zweetens, e permanenten a fundéierten Denkprozess iwwert d'Orientéierung vun der nationaler Recherche- an Développements-Politik ze ënnerhalen.

Den FNR huet sech duerfir an der Vergaangenheet och eng Rei Instrumenter geschafen, déi all hir spezifesch Ziler hunn an déi sech, menges Wëssens, och alleguer bewährt hunn. Ech nennen der just e puer: ATTRACT, CORE, INTER, PEARL.

Mam Gesetz vum 19. August 2008 iwwert d'Aides à la Formation-Recherche huet den FNR d'Aufgab kritt, och dës Hëllefen ze géréieren. Mat den Aides à la Formation-Recherche kënnen eenzel Fuerscher ënnerstëtzt gi bei hiren doktoralen oder postdoktorale Studien zu Lëtzebuerg an och am Ausland. Eng vun den Haaptkonsequenze vun der Analys vun der OCDE vun 2006 war d'Ausschaffe vun de Contrats de performance ënner anerem och mat dem FNR.

Da gëtt et och nach eng Evaluatioun vum Fonctionnement vum FNR vun enger Sociétéit „Innovation, Territoires et Développement en Europe". Déi Firma gëtt et zwar schonn zënter 2011 net méi, hir Recommandatioune sinn awer beim FNR gutt opgeholl ginn, an um Niveau vun der Gouvernance misste se och an dësem Gesetzesprojet ëmgesat ginn.

An domat wéilt ech dann och nach eng Kéier op déi Haaptelementer vun eisem Gesetzesprojet 6420 kuerz agoen a se kommentéieren.

Éischtens, d'Missioune vum FNR ginn opgefrëscht. Mir hu keng Problemer mat der Neidefinitioun vun de Missioune vum FNR. Mir gesinn och kee fundamentale Changement. Et gëtt kloergestallt, datt d'Haaptmissioun vum FNR d'Gestioun an d'Attributioun vu Fuerschungsgelder ass, datt et awer och weider eng Missioun vum FNR bleift, sech am Prozess vun der Entwécklung vun der Fuerschung zu Lëtzebuerg anzebréngen.

Méi explizit wéi am ale Gesetz steet am neie Gesetz, datt et eng Aufgab vum FNR ass, sech och ëm - an ech zitéieren - «l'application et la valorisation des résultats de recherche de ces programmes» ze këmmeren.

Dat fanne mer engersäits gutt, dat mécht nun emol einfach Sënn, an net nëmmen an den ekonomesche Beräicher, mä och, wat d'Sozialstudie betrëfft. Ënner anerem och wëlle mer awer drun erënneren, datt et hei Iwwerschneidunge mat de Missioune vun Luxinnovation gëtt an datt mer mussen oppassen, datt mer keen double Emploi kréien.

Zweetens, de Kader vun den Organismen, déi eng Hëllef vum FNR kënne kréien, gëtt erweidert. Och dëse Punkt begréisse mer ausdrécklech.

Wann déi zwee éischt Punkten am neie Gesetz éischter eng Opfrëschung vun dem Inhalt vun de Punkten 1 bis 4 vum ale Gesetz sinn, ass et virun allem de Punkt 3, deen eng Neierung brénngt: Associatiounen a Fondatioune kënnen iwwert den FNR gefërdert ginn. Dat fanne mer gutt an et versteet sech vum selwen, datt de Fait, datt eng Associatioun oder eng Institutioun ka gefërdert ginn, net heescht, datt se automatesch gefërdert ginn, mä selbstverständlech mussen och si Kritären erfëllen, fir an de Genoss vun enger Hëllef ze kommen.

Drëttens, mir verbesseren d'Gouvernance. Den FNR ass en Établissement public an en ass souwuel op finanziellem, administrativem wéi och wëssenschaftlechem Plang autonom. Mir ënnerstëtze selbstverständlech dës Autonomie vum FNR, ënnerstëtzen awer och déi Garantien, déi solle sécherstellen, datt Autonomie a Responsabilitéit Hand an Hand ginn. Den FNR kritt vill éffentlech Gelder zur Verfügung. Et ass legitim ze wëssen, wat domat geschitt.

D'Relatiounen tëschent dem FNR an dem Stat ginn iwwer pluriannuell Konventioune geregelt, déi vergläichbar si mat de Contrats de performance. Dat ass net nei, ech hat jo schonn um Ufank vu menger Ried och vun der ganz rezenter Konventioun geschwat.

D'Organes de gouvernance ginn nei definéiert. Am Conseil d'administration sëtzen nëmme méi extern Spezialisten, déi opgrond vun hirer Experienz a Kompetenz ausgesicht ginn. D'Vertrieder vun deene verschiddene Ministërë sinn net méi am Conseil. Duerfir ass awer nei derbäi e Commissaire du Gouvernement, a mir fannen dat och richteg an och noutwendeg, datt esou ee Kommissär un de Réuniounen deelhëlt, och wann en nëmmen eng Voix consultative huet.

***(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)***

Mat dësem Gesetz stäerke mer d'Positioun vum Generalsekretär vum Conseil d'administration. Op dësem Poste wäert an Zukunft deen nach méi staarke Mann oder déi nach méi staark Fra vum Conseil sëtzen.

À propos Mann oder Frau: Mir hu jo an dësem Gesetz och festgeschriwwen, datt all Sexe muss mindestens zu 40% am Conseil vertruede sinn. Dat war zwar en zimlechen Hin an Hier, mä en attendant eng gesetzlech Regelung vun der Madame Ministesch vun der Chancëgläichheet, déi en allgemenggültege Charakter fir all staatlech Institutiounen huet, ënnerstëtzt déi gréng Fraktioun dës Démarche ausdrécklech.

Bleift dann nach de Conseil scientifique, un deem senge Missioune sech eigentlech näischt Wesentleches ännert, wou just keng Bénéficiairë vun den Hëllefe méi däerfen dra sinn,

## Chambre des Députés

**Compte rendu officiel**

**Supplément commun aux quotidiens:**
Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

**Contenu rédactionnel:**
Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

**Conception, saisie de texte et mise en page:**
Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

**Concept et coordination générale:**
BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

**Imprimeries**

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette


wat am Interessi vun der Transparenz vun den Décisiounen natierlech richteg ass.

Véiertens, et gi sougenannt „kollektiv" Hëllefe fir d'Formation-Recherche agefouert, eng Mesure, déi mer guttheeschen, gradesou wéi och d'Fonctionnarisatioun vun den aktuellen Employés d'État am Département Recherche et Innovation vum Héichschoulministère.

Bleift nach ee Punkt, fir dee mer bis elo nach keng nohalteg Léisung fonnt hunn a wou mer och net allze vill optimistesch sinn, datt den FNR eng grouss Hëllef ka ginn: Am Beräich vun den Erzéiungswëssenschaften an an de gesellschaftspolitesche Froen oder Erausfuerderungen, wéi zum Beispill der multikultureller Zesummesetzung vun eiser Populatioun, oder an der Fuerschung vun eiser rezenter Geschicht sinn d'Fortschrëtter net esou däitlech wéi an anere Beräicher. Dat geet ënner anerem och aus der zweeter externer Evaluatioun vun eiser Uni ervir. Dës Branchen hunn do mat enger Note „bien" däitlech manner gutt ofgeschnidde wéi zum Beispill den Droit, d'Luxembourg School of Finance oder d'Biomedezin.

Firwat datt mer mengen, datt och vum FNR vläicht dee Problem net nohalteg ka geléist ginn? Majo, et ass einfach d'Zesummesetzung vum Conseil d'administration vum FNR. Déi léisst drop schléissen, datt d'Akzenter vun der Fuerschung éischter op Sujete fokusséiert ginn, déi als ekonomesch méi relevant betruecht ginn.

Ech wëll duerfir nach eng Kéier un e Passage aus dem Regierungsaccord erënneren, wou et heescht, datt d'Recherche och soll dozou bäidroen, Léisunge vun aktuelle gesellschaftleche Problemer ze fannen, sief et am Beräich vun der Éducatioun, der Integratioun, dem sozialen Zesummenhalt oder dem Erhalt vun der Ëmwelt.

An domat brénge ech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet an ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci och dem Här Adam. Nächste Riedner ass den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nodeem ech déi puer Interventiounen de Mëtteg nogelauschtert hunn, wëll ech eigentlech net déi Ried halen, déi jiddweree scho gehalen huet, andeem en e bëssen op dat Gesetz agaangen ass a widderholl huet, wat am Gesetz steet, an dat e bëssen esou kommentéiert huet. Mä ech mengen no deem, wat mer héieren hunn, ass et wichteg, och nach e puer Considératiounen derbäizemaachen.

Éischtens wëll ech ufänken, fir dat och net ze vergiessen, mat engem grousse Merci un de Rapporteur, deen et méi wéi verdéngt huet, fir säi mëndlechen a schréftleche Rapport. An ech wëll gläich ufügen, datt et normal a wichteg ass, datt mer eis Fuerschungslandschaft hei zu Lëtzebuerg regelméisseg iwwerpréiwen, och duerch extern Avisen, awer datt mer dann och musse vläicht kucken, wiem mer dee Rôle uvertrauen.

Ass et richteg, d'OECD ze froen? Ass et richteg - ech weess net, wat d'Justificatioun war -, fir deen oder dee Cabinet d'experts zu Paräis ze beoptragen? Hätte mer net och missen Avisen hu vu groussen Acteuren an der Fuerschungslandschaft selwer, wéi engem Conseil national de la recherche scientifique, vu Fraunhofer, vu Max-Planck an aneren, déi awer en anere Bléckwénkel hunn an eng aner Expertise nach hätte kënnen erabrénge wéi elo just eng OECD. Dat ass emol eng éischt Fro, déi ech an de Raum wëll stellen.

Ech weess net, ob den Här Minister mech héiert, mä vläicht, wann en herno eng Kéier nolauschtert, da kënne mer dann och an der Diskussioun dorop agoen. Mä ech hunn d'Hoffnung bal haut opginn, datt den Här Meisch nach nolauschtert. Ech waarde just... Ah voilà, ech mengen, entschëllegt, Här Minister, mä ech hat gehofft, Dir géift mer nolauschteren.

**M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Ech lauschteren Iech no!

**M. Fernand Kartheiser** *(ADR)*.- Majo, dat ass schéin. Gutt!

Déi zweet Bemierkung, déi ech wollt maachen, dat ass, datt, nodeem mer hei eng Diskussioun haten, dann d'Fro ass: Wat ass eigentlech d'Verhältnis tëschent Politik a Fuerschung? Wat si legitim Fuerderunge vun der Politik? A wat sinn illegitim Fuerderunge vun der Politik, op jidde Fall emol méi problematescher?

Legitim ass et sécher, wa mer gär e Return on investment hätten. D'Valorisatioun vun der Recherche scientifique an hire Resultater, déi och an dësem Gesetz ugeschwat gëtt, ass sécher legitim. Do si jo och e puer Acteuren hei am Land, déi sech zum Beispill ëm Start-upe bekëmmeren. An ech mengen, dat musse mer och konsequent fuerderen, Flexibilitéit do eranzebréngen, souwäit et nëmme geet, fir do och mam Ausland an eisen Haaptkonkurrenten an deem do Beräich wierklech kënne matzehalen.

Ech mengen, do musse mer nach e Stéck Wee goen. Mir mussen eis och déi Secteuren erausichen, déi am kriseséchersten sinn, wou mer d'Recherche kënnen esou ëmsetzen, datt se och méi laangfristeg Retombéeë fir eis Ekonomie huet. Also legitim: de Return on investment.

Dat Zweet, wat och a mengen Ae legitim ass, ass, datt mer fir d'Visibilitéit vun eiser Fuerschung suergen, fir datt och Lëtzebuerg bekannt ass als e Land, wat dann d'Fuerschung ënnerstëtzt. Do kann ee sech heiansdo d'Fro stellen: Gëtt dat genuch gemaach?

Ech huelen als Beispill dat neit Max-Planck-Institut, wat jo vun eis finanzéiert gëtt. Mä wou schaffen déi Chercheuren? Sinn déi net dacks am Ausland? Sinn déi sech bewosst, datt se vu Lëtzebuerg bezuelt ginn? Wat ass d'Retombée fir Lëtzebuerg en termes de visibilité vun deene Chercheuren, déi dann do schaffen?

Dat sinn awer Froen, déi, mengen ech, och legitim sinn. Well wa mir hei schonn esou Investitioune maache wéi zum Beispill d'Max-Planck-Institut, dat mer elo hei ufänken, da muss och garantéiert sinn, datt do och an der Communauté scientifique internationale Lëtzebuerg als Wëssenschaftsstanduert identifizéiert gëtt an datt net nëmme gesot gëtt: „Hei, dat ass en däitscht Institut zu Lëtzebuerg", mä och déi Lëtzebuerger Identitéit vun deem Institut da kloer erausgestrach gëtt.

Dat sinn also legitim Considératiounen an der Wëssenschaft.

An da gëtt et awer problematesch. Mir hunn zum Beispill, wa mer froen: „Wéi eng Wëssenschaft soll da gemaach ginn an a wéi enge Rahmebedéngungen?", mir hunn dat elo net hei diskutéiert oder nach net vill diskutéiert. D'Spriecherin vun der LSAP huet gesot, d'Fuerschung an d'Entwécklung misste sech un d'Besoine vun der Gesellschaft upassen. Dat ass eng Deelwourecht.

D'Wëssenschaft ka sech net dorobber limitéieren. Si ass net, wéi dat hei ka gelies ginn, e Sujet vun engem, oder Objet vun engem totalen Utilitarismus. An der Wëssenschaft muss et Plaz gi fir Initiativ, et muss Plaz gi fir Grondlagefuerschung, och ëmmer méi hei zu Lëtzebuerg, well mer eis awer an eng aner Kategorie erabewege lues a lues. Et kann net nëmmen eng Recherche appliquée sinn op Zäit.

An et muss gekuckt ginn, no wéi engen ethesche Kritären déi Wëssenschaft dann hei am Land fonctionnéiert. Mir haten nach viru Kuerzem geschwat vun enger wichteger ethescher Komponent a verschiddene biomedezinesche Beräicher. Mir däerfen och do net hannendrubleiwen.

Also, d'Wëssenschaft däerf net d'Sklavin vu gesellschaftleche Besoine sinn, mä si muss an hirem eegene Wäert, an hirer eegener Entfaltungsméiglechkeet respektéiert ginn. Wéi gesot, mir sinn hei an engem Spannungsverhältnis tëschent deem, wat mir eis kënnen erwaarden als Stat duerch eise Finanzement, an deem, wat mer awer och u Respekt musse brénge virun der Fräiheet an der Onofhängegkeet vun der Wëssenschaft.

Mir haten och kuerz geschwat - ech mengen, den Här Adam hat dat rappeléiert - iwwert déi gesellschaftspolitesch Froen, déi och op der Uni Lëtzebuerg diskutéiert ginn. Mir mussen oppassen, och op der Universitéit, datt d'Universitéit an déi Fuerscher, déi do schaffen, net zu engem verlängerten Aarm vu Ministërë ginn, net schaffen - zum Beispill an Ärem Beräich, an engem anere Beräich, an der Éducatioun - praktesch als subventionéiert Fuerschungsinstitut, dat fir e Ministère schafft an dann och d'politesch Ziler vun deem Ministère iwwerhëlt oder mat formuléiert. Dat ass net den Objet vun der akademescher Onofhängegkeet vun enger Universitéit.

An och do, mengen ech, si mer op e Wee gaangen, dee vläicht net dee richtegen ass a wou ee muss och vun der Pädagogik op der Universitéit oder vun anere vun deene Beräicher erwaarden, datt se sech hirer Onofhängegkeet, hirer akademescher Onofhängegkeet géintiwwer eiser Regierung bewosst sinn, quitte datt natierlech eng finanziell Bréck do besteet.

Nach zwou aner Bemierkungen, déi vläicht och vum Statsrot opgeworf gi sinn. Déi éischt, déi ass och vum Statsrot opgeworf ginn an déi ass seriö: Mir liewen an engem ganz klenge Land. An an engem ganz klenge Land kann ee wierklech duerch déi Méiglechkeet, déi an dësem Gesetz geschafe gëtt, nämlech datt Asblen och kënne bezuelt gi fir Fuerschungsaarbechten, datt se kënne subventionéiert ginn, an e Genre Subventiounsklientelismus erarutschen. Déi Angscht gëtt bei mir nach bestäerkt, zënter datt ech héieren hunn, datt déi gréng Kolleegen dat ganz gutt fannen. Dat ass fir mech kee ganz positivt Zeechen.

Ech géif warnen do virdrun, fir wierklech elo hinzegoen an déi Asblen do als e ganz wichtegen Uspriechpartner fir eis wëssenschaftlech Hëllef ze gesinn, well dat riskéiert, an déi do Richtung ze goen. Et wär besser, wierklech ze probéieren, op engem héijen Niveau wëssenschaftlech Aarbecht, Fuerschung ze bedreiwen, wéi do an e Lëtzebuerger „Kleng-kleng-Subventiounsklientelismus" eranzerutschen. Déi Gefor ass op jidde Fall reell, an ech sinn dem Statsrot dankbar, datt en déi opgeworf huet.

Déi zweet Bemierkung, dat sinn déi Quoten, déi jo iwwerall hei grouss Begeeschterung ausgeléist hunn. Ech wëll elo net d'Positioun vun der ADR iwwer Quote widderhuelen. Dir kennt se. Mä ech wëll déi vun der DP vläicht kuerz virliesen.

Dat ass an enger Zeitung. Wësst Der, op mengem Schreifdësch läit vill, an ech hunn do eng „Femmes Magazine" vum Oktober 2013 leie gehat. Do liesen ech elo, wat eng eminent Kolleegin, Är Kolleegin aus der Regierung, d'Madame Maggy Nagel, gesot huet: «Le DP se prononce contre l'introduction de quotas. En tant que parti libéral, nous sommes d'avis que ce n'est pas le sexe, mais plutôt la formation et les qualifications professionnelles d'une personne qui doivent être déterminantes.»

A wou d'Demokratesch Partei recht huet, huet se recht! Also, do kënne mir als ADR nëmmen „Bravo!" soen. Et ass och eis Positioun. Mä et wonnert eis, datt Dir déi Positioun einfach esou opgitt! Dir hutt déi jorelaang verdeedegt.

Ech hunn och elo net héieren, datt Dir am Stater Schäfferot, wou elo nach ee Mann an ech weess net wéi vill Damme sëtzen, een Här an ech weess net wéi vill Dammen, datt Dir elo do wëllt Quoten aféieren am Stater Gemengerot.

Dat ass einfach: Déi Quotendiskussioun ass eng onsënneg Diskussioun! Mir sollte kucken - wéi et och am Sënn vum Gesetz ass -, datt mer qualifizéiert Leit kréien, wou d'Geschlecht vollkommen egal ass, mä datt mer gutt, déi bescht Leit kréien. An déi solle mer huelen, ob Fra oder Mann ass komplett egal.

An ech verstinn all déi Parteien net, déi engersäits eis wëllen erklären an anere Politikberäicher, do, wou et se arrangéiert, datt dat Geschlecht nëmmen e soziaalt Konstrukt ass, datt et iwwerhaapt kee biologescht Geschlecht ausser äusserlech Geschlechtsmerkmaler gëtt. Do ass et dann nëmmen e soziaalt Konstrukt. Wa mer awer hei an dëse Beräich kommen, ass et op eemol determinant, fir Posten ze kréien! Do ass einfach eng Kontradiktioun.

Net nëmmen, datt mir déi ganz Quotendebatt als onsënneg emfannen an diskriminatoresch géintiwwer deene Fraen, déi sech herno als Quotefrae fillen, dacks zu Onrecht, mä virun allem ass et och inkohärent, well déi lénk Parteien déi eng Kéier d'biologescht Geschlecht relativéieren an et dann an anere Gesetzer, wann et hinnen da passt, zu engem determinante Kritär vun hirer Politik erhiewen. Déi ganz Diskussioun ass komplett onsënneg.

Anescht wéi d'DP bleiwe mir awer bei eiser Positioun a mir wäerten och laangfristeg do recht kréien.

E leschte Kommentar iwwert d'Quoten, do kann een nach vläicht soen: Wësst Der, déi grouss Gefor dohannert, bei all deenen do Saachen, souwuel bei dem Usproch vum totalen Utilitarismus vun der Wëssenschaft, deen d'LSAP haut hei erhuewen huet, wéi och bei de Quoten, do ass eng Gefor hannendrun, an dat ass d'Politiséierung vun der Wëssenschaft!

Mir kënne mat dësem Gesetz an allgemeng an eiser Politik net higoen, fir wierklech déi gesellschaftlech Usprëch un d'Wëssenschaft esou wäit ze dreiwen, datt mer d'Wëssenschaft politiséieren. Dat däerf net sinn! An ech mengen, eis Verantwortung ass och do, fir kloer Grenzen ze hunn. Dat gëllt souwuel fir déi Asblen, et gëllt bei de Quoten, et gëllt beim Utilitarismus, et gëllt beim Return on investment. Mir hunn einfach en Devoir de retenue als Politik, wa mer iwwert d'Wëssenschaft schwätzen a wa mer mat hir ze dinn hunn.

Dat gesot, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, soen ech Iech villmools Merci fir Är Opmierksamkeet. Aus all deene Suergen, déi ech elo hei konnt virbréngen, wäerte mir eis enthalen. Mir fannen et ganz schéin, ganz richteg, ganz gutt, datt mer d'Wëssenschaft hei am Land fuerderen, och iwwert de Fonds National de la Recherche, datt mir se férderen a fuerderen, awer mir hu vill Suergen an dësem Beräich, och Suerge mat dësem Gesetz, an duerfir kënne mir net derfir stëmmen. Mir enthalen eis.

Villmools Merci!

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Nächste Riedner ass den Här Justin Turpel, deen och scho prett ass.

**M. Justin Turpel** *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech brauch d'Wichtegkeet vun der Recherche hei net ze ënnersträichen, an zwar net nëmmen als Recherche, fir der Wirtschaft ze déngen, an net nëmme fir dat, wat en direkten Impakt fir d'Ekonomie soll hunn. D'Fuerscher hunn et net ëmmer einfach. Si haten et net ëmmer einfach an der Geschicht a si hunn et haut och nach net ëmmer einfach. Duerfir wëll ech op véier Punkten agoen.

Deen éischten ass ebe just dee vun dem Risiko vun der Fuerschung. Eng Fuerschung kann net ëmmer en direkt Resultat hunn, e faassbart Resultat hunn. D'Fuerschung ass risikoräich, net nëmme fir déi Leit, déi doranner schaffen, mä och fir d'Projeten u sech. Dat stëmmt grad fir jonk Fuerscher, déi sollen ugereegt ginn, fir och a riskante Beräicher Fuerschung ze bedreiwen.

D'Meenung, eng Fuerschung misst sech ëmmer direkt lounen, ass einfach falsch. Ech wëll einfach d'Beispill gi vun Amerika, wou d'Meenung déi ass, datt, wa vun honnert Fuerschungsprojeten een eppes gëtt, dann huet dat sech rentéiert. Dann huet dat sech rentéiert, an et ass net dat ëmgedréitent Verhältnis, wat muss sinn.

Den zweete Punkt, deen ech wëll opwerfen, ass deen, deen hei ugeschnidde ginn ass souwuel vum Vertrieder vun der LSAP wéi vun de Grengen: d'Zilsetzung vun der Fuerschung. Mir hunn effektiv, an dat gëtt mer ze denken, am Projet de loi, am Exposé des motifs drastoen, datt dat soll gemaach ginn, wat en direkten ekonomeschen Impakt huet. En direkten ekonomeschen Impakt heescht: fir d'Wirtschaft, fir d'Betriber, fir d'Konzerner. An ech mengen, et ass virdrun, an ech wëll dat och ënnersträichen, ausdrécklech do virdru gewarnt ginn.

Den utilitaristesche Charakter vun der Fuerschung, dee muss een a Fro stellen, an och de breede Charakter, dee muss garantéiert sinn. An der Fuerschung muss een och kënnen Themaen uschneiden, déi net direkt der Wirtschaft

eppes brengen, mä déi gesellschaftleche Méiwäert schafen. Ugeschwat ginn ass den Erzéiungsberäich, ugeschwat ginn ass d'Sozialfuerschung, ugeschwat ginn ass och d'gesellschaftlech Fuerschung am Beräich vun Demokratie.

An ech kann den Här Kartheiser berouegen: Déi Leit, déi an deem Beräich fuerschen a schaffen, déi wäerte sech dergéint wieren, fir e politeschen Aarm ze gi vu Ministèren a vu Ministerialbeamten. D'Onofhängegkeet vun de Fuerscher ass och an deene Beräicher eng absolut Viraussetzung, déi ee muss respektéieren.

D'Zilsetzung vun der Fuerschung ass net nëmmen d'Fro vun net ze vill utilitaristesch a breet gefächert, mä ass och d'Fro vun der Recherche appliquée a vun der Recherche fondamentale, well ganz dacks de Pendel vill ze vill op d'Säit vun der Recherche appliquée fält, wat och eppes ze dinn huet mat de Fuerschungsberäicher, ëm déi et geet.

An da soll een zwéin Aspekter net vergiessen, déi bei der Fuerschung eng Roll spille mussen. Dat Éischt, dat ass deen och vun der Vulgariséierung vun der Fuerschung a vun de Fuerschungsresultater, fir déi an d'Gesellschaft eranzebréngen. Och dat ass eng Préoccupatioun vun der Fuerschung, déi net soll op der Säit gelooss ginn, well nëmmen doduerjer kritt se hire breeden Effet an nëmmen doduerjer kritt se en Impakt an der Gesellschaft op enger breeder Basis.

Deen zweeten Aspekt, deen een net soll aus den Ae verléieren, dat ass, mir schwätze jo net nëmme vu Fuerschung, mä mir schwätze vu Recherche et Développement. Dat ass de ganzen Développement, d'ganz Entwécklung vun deem, wat sech hannendrun ergëtt vun Implikatiounen, vun deem, wat dat un Ëmsetzung, vun deem, wat dat a konkrete Projete mat sech bréngt, erëm eng Kéier net nëmmen a wirtschaftlecher Hisiicht, mä och a gesellschaftlecher Hisiicht.

Déi zwéin aner Punkten, op déi ech kuerz wëll agoen: Dat eent ass dee leidege Problem, dee mer an deem Projet de loi hei net léisen, dat ass d'Situatioun vun der Prekariséierung, vun der Planungsonsécherheet vun de Chercheuren doduerch, datt si am Fong déi eenzeg Kategorie vu Salariëé sinn, deene mer e Contrat à durée déterminée vu 60 Méint, vu fënnef Joer zoumudden, wëssend - mä ech hu keng Chifferen, ech weess net, ob de Minister eis se haut ka ginn oder ob mir iwwer eng Question parlementaire déi sollen noreechen -, datt et awer interessant wier, fir emol gewuer ze ginn: Wéi laang sinn déi Projeten, déi déi verschidde Chercheure kréien? No deem, wat ech héieren hunn, sinn dat meeschtens zwee bis dräi Joer, de Maximum ass jo fënnef Joer.

Mä do stelle sech eng ganz Rei Froe vun Onsécherheet. Wat ass d'Planungssécherheet, déi e Chercheur kann hunn, deen eng Famill wëllt hunn, wann en ëmmer esou limitéiert ass? Dat féiert dozou, an ech mengen, elo an dem leschten „Forum" vum Abrëll 2014 steet nach e flotten Temoignage iwwert: Wéi soll ech do eng Famill ernähren? Selwer schold! Oder: Huet een net besser, et géif ee sech räich bestueden oder räich ierwen? Oder: Solle mer d'Wëssenschaft net erëm an d'Klouschter setzen, wou se CDIen hunn?

Also, dat sinn trotzdeem eng ganz Rei berechtegt Froen, bis hin zu der Situatioun vu Fraen, an dat gëtt et ganz konkret, déi, well se schwanger sinn, net méi hire Kontrakt verlängert kréien, oder Schwangerschaft, well aner Leit op de Projet gesat si ginn.

Ofgesi vun der Fro: Wat maache mer an deene Projeten, déi iwwer fënnef Joer daueren? Well där gëtt et och. Gi mer deenen dann en CDI, deen een nom Gesetz misst huelen, oder huele mer deen Nächsten an der Rei, fir déi Fuerschungsaarbecht weiderzeféieren?

Also, mir sinn a kenger ganz gudder Situatioun, wat d'Planungssécherheet a wat d'sozial Ofsécherung vun de Chercheuren, haaptsächlech jonke Chercheuren ugeet.

An dee leschte Punkt, deen ech wëll opwerfen, ass en ähnleche Punkt, dee sech ergëtt aus dem Gesetz vun 2008, deen am Règlement grand-ducal festgeschriwwen ass iwwert d'Aides financières. Dat ass dee vun der Clause de mobilité, déi Clause de mobilité, déi mir de Postdoktoranden imposéieren doduerch, datt mer verlaangen, datt se an aner Länner ginn. Dat mutt einfach un, déi Obligatioun, wéi eng relativ administrativ Oplag, déi einfach u sech näischt direkt mat der Realitéit ze dinn huet, aus zwou Considératiounen eraus.

Déi éischt Considératioun ass déi: Et gëtt Situatiounen, och Familljesituatioune mat Kanner, wou een net kann dat maachen. Déi Leit, déi kommen dann net an de Benefiss vun den Aide-financièren, déi se awer bräichten.

An dat Zweet ass - an dat ass dat, wat een, mengen ech, haaptsächlech soll considéréieren -, datt d'Fuerscher selwer an engem Ëmfeld liewen, wou souwisou eng immens Mobilitéit an en immensen Austausch besteet, dee vläicht formal net esou formaliséiert ass, wéi dat hei verlaangt ass, mä deen awer sécherlech méi reell ass, wéi wann ech elo künstlech während enger gewësser Zäit vu Lëtzebuerg, vun der Uni Lëtzebuerg op Tréier, op d'Uni Tréier ginn. Also ech mengen, datt schonn den Austausch vill méi villfälteg ass, wéi dat ugeholl gëtt.

Do wier et sënnvoll, wann ee géif effektiv e Bilan maache vun der Clause de mobilité an dat iwwerdenken. An do ass et d'Initiative gouvernementale, well et ass e Règlement grand-ducal, deen dat kann änneren.

Déi Saachen do gesot, wëll ech also trotz verschiddenen Zweifelen, déi ech um Projet de loi hunn, hei den Accord gi vun eisem Grupp, eiser Fraktioun zu dem Projet de loi, inklusiv zu de Quoten, déi mer onbedéngt esou laang musse bäibehalen, wéi mer Leit hu wéi den Här Kartheiser, déi sech aus hiren Ursaachen do dergéint wieren.

Op aner Froe sollte mer sécherlech zréckkommen, wéi déi vun der Ausriichtung vun der Fuerschung. Ech hoffen, datt de Minister deem, wat och d'Vertrieder vun der LSAP a vun deene Gréngen hei gesot hunn iwwert d'Ausriichtung vun der Fuerschung, kann zoustëmmen, ausdrécklech kann zoustëmmen. Well dat schéngt mer e wichtege Punkt ze sinn, op dee mer mussen zréckkommen, och wann d'Zesummesetzung vum Conseil d'administration deem net onbedéngt Rechnung dréit.

Ech wier dann och frou, wa mer op d'Fro vun de Contrats à durée déterminée vläicht an engem anere Kontext, wou dat misst diskutéiert ginn - an d'Regierung selwer och iwwert d'Clause de mobilité - kéinten zréckkommen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Merci och dem Här Turpel. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm an d'Wuert huet d'Regierung, den Här Héichschoul- a Fuerschungsminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Alleréischt wëll ech all den Intervenanten hei Merci soen. Mir hunn eng breet, net déi maximal breet Zoustëmmung, mä awer eng breet Zoustëmmung fir deen Text hei an, ech mengen, och fir eng Rei vu grondleeënden Iwwerleeungen, wat d'Ausriichtung vun der Fuerschungspolitik hei zu Lëtzebuerg ubelaangt. Datt déi awer e breede Konsens hei am Haus fonnt huet, dat huet een de Mëtteg hei am Laf vun der Debatt nach eng Kéier erausséieren.

E spezielle Merci géif ech ganz gär dem Rapporteur, dem André Bauler ginn. Hien huet deen Dossier zesumme mat mir am Ministère kennegeléiert an en huet säin Ableck, deen en do kritt huet, mat eriwwer, mat deem Fachwësse mat eriwwer an d'Chamber bruecht, an ech mengen, dat huet en de Mëtteg hei nach eng Kéier ganz kloer ënner Beweis gestallt.

Ech muss opgrond vu sengem Rapport, opgrond awer och vu villen aneren Interventiounen, déi nach eng Kéier op de Fong vum Text agaange sinn, net méi nach eng Kéier erklären, wat an deem Gesetz hei steet. Ech wëll awer nach eng Kéier rappeléieren - et ass awer och vun eenzelne Virriedner ugefouert ginn -, op wat fir eng dynamesch Aart a Weis sech d'Fuerschungslandschaft hei zu Lëtzebuerg an de leschte 15 Joer, also zanterdeem de Fonds National de la Recherche gegrënnt gouf, entwéckelt huet.

Déi Gelder, déi mer an d'ëffentlech Fuerschung investéiert hunn, déi hu sech verzéngfacht. Mir hu vill méi Chercheuren haut zu Lëtzebuerg, mir hunn international ganz renomméiert Fuerschungsinstituter. A wa mer haut en neit Gesetz maachen a wa mer amgaange sinn, doriwwer eraus, nieft dësem Gesetz, och aner Gesetzer nei auszeriichten, da si mer jo och amgaangen, eis Fuerschungslandschaft fir déi nächst fofzéng Joer nach eng Kéier nei opzestellen.

A wa mer eis elo emol virstellen, datt een och nëmmen eng deelweis comparabel Entwécklung iwwert déi nächst fofzéng Joer nach eng Kéier hätt, dann, mengen ech, hu mer dat erreecht, wat mer brauchen hei zu Lëtzebuerg, fir nämlech staark präsent an der Wëssensgesellschaft ze sinn.

Jiddereen huet dat gesot a jiddereen huet et ënnerstrach, datt mer nëmme kënnen ekonomesche Wuelstand halen, datt mer och nëmme kënne gesellschaftlech Problemer léisen, wa mer eis selwer druginn ze fuerschen, eis selwer druginn ze erkennen, datt mer doduerjer och e Stéck, eng Nueslängt viraus behalen. Dat ass, mengen ech, ee vun de groussen Opträg, deen d'Politik hei huet an dee se dann awer weidergëtt un aner Instanzen, wéi an dësem Fall un de Fonds National de la Recherche.

Mir mussen awer och wëssen, datt bei allen Efforten, déi mer och nach zousätzlech kënne maachen an och wëlle maachen - an och dës Regierung wëll déi maachen -, datt mer eis awer musse cibléieren, datt mer grad als klengt Land mat engem Grapp voll Acteuren do net alles kënne maachen, net op allen Terraine kënnen doheem sinn an datt mer dann awer scho solle kucken, do, wou mer fuerschen: Da kommt, mir kucken et awer do ze maachen, wou et eis awer e Stéck wäit bréngt!

Wa mer an der Ekonomie zum Beispill soen, datt mer ICT-Standuert weider wëlle ginn, datt mer an der Biomedezin eis weider wëllen developpéieren, nun, da läit et jo awer op der Hand, datt, wa mer Fuerschungsaktivitéiten zu Lëtzebuerg wëlle favoriséieren, datt mer et eben och grad an deenen Domäner do maachen, fir eng Vernetzung hinzekréien, fir datt mer den Transfert vun der Grondlagefuerschung, der ëffentlecher Fuerschung eran an d'Entwécklung vun neie Produiten, vun neie Prozesser, fir datt mer deen och besser hikréien, wéi mer dat an der Lescht vläicht konnte maachen.

Ech wëll awer nach eng Kéier kloer ënnersträichen, datt de Regierungsprogramm eng kloer Sprooch schwätzt an datt eigentlech fir d'éischte Kéier e Regierungsprogramm esou eng kloer Sprooch schwätzt, datt mer, wa mer Efforte maachen iwwert d'Fuerschung, datt mer déi net nëmme maachen, fir nei Betriber unzezéien, datt mer se net nëmme maachen, fir nei Aarbechtsplazen ze schafen, fir e Stéck wäit méi kompetitiv ze ginn, fir en Argument ze hunn, Betriber an eng ekonomesch Aktivitéit vläicht op Lëtzebuerg ze lackelen.

Neen, mir maache se och, well sech eng Rei vu grondsätzleche gesellschaftleche Froen hei zu Lëtzebuerg stellen, wou mer och en Input brauche vun der Fuerschung. An ech denken, datt mer do awer och déi Acteuren hei zu Lëtzebuerg an der Fuerschung sollen encouragéieren, eis do eng Hand mat unzepaken. Woubäi ech net wëll ausschléissen, datt d'Regierung an eenzel Ministèren och emol eng Kéier ausserhalb vu Lëtzebuerg kucke ginn, fir do eng Etüd gemaach ze kréien. Mä eis Situatioun ass heiansdo esou spezifesch, datt deen Know-how, deen een dofir bräicht, eigentlech ganz schwéier muss bei engem aneren opgebaut ginn, dee mer awer vläicht hei zu Lëtzebuerg da mëttlerweil hunn, well do d'Situatioun awer da méi no läit.

Dofir denken ech, datt mer gutt drun dinn, och eise Fuerschungsinstituter, virun allem och der Uni, mat op de Wee ze ginn, datt se och eng Aufgab an deem doten Domän ze spillen hunn, datt se bei gesellschaftleche Froen, wann et ëm d'Integratioun geet, wann et ëm eise Schoulsystem geet, wann et ëm d'Méisproochegkeet hei am Land geet oder ëm ganz aner Sujeten, datt se och do kënne vun enger grousser Bedeitung sinn.

De Fonds National de la Recherche strukturéiert eigentlech op eng exemplaresch Aart a Weis eis Fuerschungslandschaft. An et ass oft gesot ginn haut de Mëtteg hei: D'Politik kann net décidéieren, wou gefuerscht gëtt. An ech gesinn eigentlech och net eng aner Méiglechkeet, wéi datt een eben eng Agence huet wéi de Fonds National de la Recherche, deen d'Projeten evaluéiert.

Ech mengen net, datt een dat als Ministère ka maachen iwwer eng Administratioun. An ech mengen, datt et gutt ass, wann dat vun der Politik ewechgeréckelt ass, datt d'Politik vläicht d'Ziler definéiert, datt d'Politik och vläicht nach de Kader definéiert, datt se och de budgetäre Spillraum kann, virun allem vun der ëffentlecher Fuerschung, definéieren, mä datt innerhalb vun deem Kader, deen definéiert ass, awer do d'Fachwësse virun allem muss kucken: Wéi kréie mer dat am beschten ëmgesat?

An den FNR ass eent vun deene ganz wichtegen Instrumenter, fir eis Fuerschungslandschaft ze strukturéieren an och finalement mat ze décidéieren, wat da gefuerscht gëtt a wou vläicht Projeten dann awer net den Zilsetzunge gerecht gi si respektiv net de Qualitéitsusprëch gerecht gi sinn. Well dat ass och, mengen ech, ee vun deene ganz groussen Aspekter, déi bis haut schonn agehale goufen, déi awer mat dësem Gesetz nach eng Kéier gestäerkt ginn, datt mer, wa mer fuerschen, dat op engem ganz héijen Niveau musse maachen, fir eis als Fuerschungsstanduert weider ze positionéieren no baussen.

Héich qualitativ Fuerschung hei zu Lëtzebuerg, déi strahlt och no baussen an zitt weider héich qualitativ Acteuren an d'Land un - eppes, wat mer jo onbedéngt wëllen. An et muss ee jo awer och kucken, datt et net nëmmen drëms geet, hei Geld ëmzedréinen. Et geet finalement awer och drëms, eppes doduerjer ze erreechen an eppes a Bewegung ze bréngen.

Bon, dat Gesetz hei, an et ass oft widderholl ginn, baséiert sech op eng Rei vu grousse Pisten. Et ass eigentlech insgesamt d'Upassung vum Fonctionnement vum FNR en fonction vun der Entwécklung vun der Fuerschungslandschaft an deene leschte fofzéng Joer. Opgrond vun der Entwécklung awer och, déi den FNR eigentlech selwer scho matgemaach huet, ouni datt et tel quel am Gesetz stoung, ass villes, wat haut schonn am FNR geschitt, elo mat iwwerholl ginn an dësem Gesetz.

D'Gouvernance selwer vum FNR ass nach eng Kéier op de Leescht geholl ginn, wou d'Indépendance virun allem nach eng Kéier gestäerkt ginn ass. Et ass nach eng Kéier méi staark cibléiert ginn, wat d'Bénéficiairen ubelaangt. Mir hunn och nach eng Kéier en Élargissement gehat vum Instrument vun der Aide à la Formation-Recherche, déi dann och op Kollektivitéite kann ausgeweit ginn.

An et gëtt nach eng Kéier e ganz staarken Akzent gesat op déi Initiativen, déi de Fonds National de la Recherche an de leschte Jore ganz besonnesch geholl huet, nämlech fir d'Culture scientifique hei zu Lëtzebuerg ze stäerken. An ech mengen, dat musse mer maachen. Ech selwer hunn deen Domän elo virun enger Rei vu Méint entdeckt. A wéi villen anere Lëtzebuerger ass et mir gaangen: datt ech grouss Ae gemaach hunn. Well vill aner Leit hei am Land, déi wëssen net, wat an deene Fuerschungszentre geschitt, wien do täteg ass, op wat fir engem Niveau do geschafft gëtt.

Vill Leit komme vun der Uni a wëssen eigentlech och nach net, datt Fuerschung an e Fuerscher ze ginn zu Lëtzebuerg eng reell Alternativ mëttlerweil ginn ass. Déi Zäit, wou meng Generatioun vun der Uni komm ass, do war dat eigentlech och net esou. Do hat een net déi dote Chance. Haut ass et awer esou, mä et wëssen nach ganz vill Leit et net. An ech mengen, datt mer do e kohärent Konzept nach eng Kéier mussen entwéckelen, bei deem den FNR och e wichtegen Acteur ass an der Ëmsetzung, fir d'Fuerschungsaktivitéite bei d'Leit ze droen am Land, fir datt mer verstinn, wat do geschitt.

Et geet och do eigentlech finalement ëm eng politesch Akzeptanz. Wa mer hei wëllen décidéieren - an ech hunn de Mëtteg keen héieren, deen de Contraire gesot huet -, datt mer nach méi Geld wëllen an déi ëffentlech Fuerschung investéieren, da musse mer kucken, datt dat matgedroe gëtt am Land.

Et geet awer och drëms, fir den Interessi un der Matière schonn och relativ fréi bei Kanner, bei Jugendlechen, bei jonke Leit ze stimuléieren, well wa mer keng jonk Leit hunn, déi virwëlzeg sinn, déi wëlle siche goen, déi wëlle Froe beäntwerten, da wäerte mer och keng nächst Generatioune vu Fuerscher kréien. A bis ewell ginn an de Fuerschungsinstituter hei am Land ganz vill verschidde Sprooche geschwat an et gëtt wéineg Lëtzebuergesch geschwat. Mir hunn et effektiv do nach net fäerdegbruecht, jonk Leit hei vu Lëtzebuerg ze motivéieren, och an deen doten Zukunftssecteur hei am Land eranzegoen. Dat ass dofir, mengen ech, wierklech eng vun de ganz groussen Erausfuerderungen, déi net nëmme virum FNR leien, mä fir déi déi gesamt Politik, och d'Éducation nationale, sech do nach muss méi staark ustrengen.

Dat heiten ass net deen eenzege Gesetzesprojet, mat deem mer probéieren, eis Fuerschungslandschaft nei ze strukturéieren. Mir hunn eng Fusioun vun zwee wichtegen Acteuren, dem Centre de recherche public Gabriel Lippmann an dem Henri Tudor, déi virun der Dier steet, déi den 1. Januar 2015 soll a Kraaft trieden, déi zënter Längerem och esou preparéiert ginn ass.

Mir hunn e Gesetzesprojet nach an dësem Haus leien iwwert d'Universitéit, an deem, wann een awer elo kuckt, wat fir e Wee inhaltlech dee Gesetzesprojet gemaach huet, eigentlech net méi vill drasteet. An ech denken, datt een dofir awer nach eng Kéier sech Zäit soll huelen an datt d'Regierung dat soll maachen, och d'Parlament dat soll maachen a vläicht d'Uni och selwer: fir driwwer nozedenken, ob mer, wa mer wierklech un d'Gesetz gi vun der Uni, ob mer net dann nach eng Kéier méi grondsätzlech sollen driwwer nodenken.

Mir wëssen, datt d'Uni och den 1. Januar 2015 en neie Recteur kritt. Mir wëssen, datt mer nei Kontrakter mat der Uni a mat de Fuerschungszentre gemaach hunn, déi bis 2017 solle lafen, datt mer och do gesot hunn, datt an der Mëtt nach eng Kéier e Break ka gemaach ginn, fir nei ze verhandelen an och

vläicht eng nei Ausriichtung ze kréien, datt also och virun allem d'Joer 2015 e wichtegt Joer ass, e Reflexiounsjoer virun allem och soll si fir dee ganzen Domän Héichschoul a Fuerschung hei zu Lëtzebuerg, wou mer nach eng Kéier grondsätzlech Froe sollten diskutéieren.

An ech hätt eigentlech léiwer, datt mer dee legislative Prozess vum Gesetz vun der Uni eréischt da géife weiderdreiwen, well dann hätte mer vläicht eng aner Vue op d'Struktur vun der Uni Lëtzebuerg - wéi se da fir d'Zukunft soll sinn - wéi mer dat haut hunn, wou mer eng Rei vun Äntwerten nach net hunn.

Et ass vu ville Riedner ugemierkt ginn, an ech mengen, datt dat eng Evidenz ass, datt et bei der Fuerschung net nëmmen drëms geet, datt mer Geld verdeelen, mä datt mer et richteg verdeelen, fir datt et eben do ukënnt, wou et am sënnvollste verdeelt ass. An et ass jo eigentlech dat och eng zentral Aufgab vum Fonds National de la Recherche.

Et ass och ugeschwat ginn, ob mer a puncto Gouvernance, net vum Fonds National de la Recherche, mä vun der ganzer Fuerschungspolitik eigentlech zu Lëtzebuerg, ob mer do richteg opgestallt sinn, virun allem och am Fuerschungsministère. De Claude Adam huet déi Fro hei an de Raum gestallt.

Bon, et fält schonn op, datt mer e Ministère si mat grousse Budgeten, awer mat klengem Staff, well mer staark Acteuren natierlech ronderëm hunn, mat den ëffentleche Fuerschungszentren, mat der Universitéit, wou déi Budgete jo och higinn a wou déi, mengen ech, och op eng ganz kompetent Aart a Weis verschafft ginn.

Mä natierlech muss d'Politik d'Méiglechkeet hunn, de Suivi ze maachen, den Iwwerbléck ze halen, ze garantéieren, datt de politesche Wëllen herno nach ëmmer och ëmgesat gëtt. An dofir ass dat doten eng Fro, déi effektiv ka gestallt ginn, ob mer do bis ewell eis déi Moyene ginn hunn, fir dat ëmmer ze erreechen.

De Regierungsprogramm gëtt och eng Rei vun Indikatiounen dorobber. De Regierungsprogramm schwätzt vill vun der Gouvernance vun eiser Fuerschungslandschaft am grousse Ganzen. E schwätzt awer och vun Dialog, Dialog tëschent der Politik an den Acteuren an der Fuerschung, fir och do nach ze kucken: Wou kënne mer eis vläicht méi staark nach d'Wuert ginn, fir an eng gewësse Richtung ze goen? A wéi kann d'Politik de Fuerscher an de Fuerschungsacteuren, den Instituter vläicht soen, wat d'Politik och denkt, wat wichteg wär ze maachen? A wéi kënnen déi Acteuren awer och der Politik soen, wou vläicht dat eent oder dat anert Rad nach eng Kéier méi staark misst gedréit ginn an eng gewësse Richtung, fir datt et dann awer méi einfach gëtt, fir um Terrain den Ziler e Stéck wäit méi no ze kommen.

Et ass eng Fro gestallt ginn iwwert de Max-Planck-Institut. Do hätt een och iwwer aner Instituter kënne schwätzen. Mä dat weist eigentlech, wéi wéineg datt mer wëssen hei am Land, wat an deenen Instituter heiansdo geschitt. Ech war mam André Bauler de Max-Planck-Institut kucken. Dat ass impressionnant. Do si brillant jonk Leit aus ganz Europa, déi do hir Dokteraarbecht schreiwen. An ech mengen, datt dat engem Land wéi Lëtzebuerg gutt zu Gesiicht steet.

Am Laf vun deene leschte Méint ass ëmmer erëm gesot ginn, mir géifen ze wéineg Efforte maachen als Lëtzebuerger Land am Beräich vum Héichschoulwiesen, well mir e bëssen op d'Käschte vun deenen anere géife liewen, well mer eis Studenten alleguer an d'Ausland schécken.

Ech denken, datt dat heiten e Bäitrag ass, wou mer och jonke Leit soen: Kommt op Lëtzebuerg. A mir ginn e Stéck dovunner zréck, an et ass eppes, wat bei eis passt. Déi kucken zur Fënster eraus, da kucke se op den Europäesche Geriichtshaff. An déi wären net op Lëtzebuerg an net op déi dote Plaz komm, wann den Europäesche Geriichtshaff net do wär. An ech mengen, datt dat och eng Fro vu Siègë vun esou Institutioune ka méi einfach maachen. Ech denken un déi vill Affekotenétuden, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, déi sécherlech net onintéresséiert sinn, och Fuerschungsaktivitéit ronderëm sech ze hunn an eng Proximitéit zur Fuerschung an deem doten Domän ze hunn.

Ech denken och, datt déi jonk Leit, déi do erausginn, sécherlech net herno alleguerte wäerten hei zu Lëtzebuerg weider fuerschen oder soss iergendzwousch hiert Brout verdéngen. Mä ech kann Iech awer soen, wa se iergendzwousch an enger Bréisseler Administratioun herno eng Kéier sëtzen a se wëssen, wat Lëtzebuerg ass a wien hinnen och vläicht gehollef huet, hiren Doktertitel hei ze kréien, datt dat net onbedéngt zum Nodeel vun eisem Land wäert sinn. Ech mengen, datt mer do ganz differenzéiert dann och mussen drun erugoen. A fir d'Alleréischt musse mer awer kucken, wat da wierklech do geschitt, ier mer et kënne bewäerten.

D'Onofhängegkeet vun der Fuerschung ass och vum Här Kartheiser ugeschwat ginn. Jo, mir mengen alleguerten, datt mer onofhängeg Instituter brauchen, well mer mengen, datt d'Fuersche selwer als handelnden Acteur näischt dierf sinn, wou d'Politik ze bestëmmen huet, wat ee mécht a wat een net dierf maachen, an deene Grenzen, déi mer an engem Rechtsstat awer dann duerch en demokratesche Prozess musse kënne setzen.

Ech denken och, datt dat extrem wichteg ass, wa mer wëllen eescht geholl ginn dobaussen an eiser Fuerschungsaktivitéit, datt mer dann eisen Instituter eng Onofhängegkeet kënnen zougestoen, well dat ee vun deene wichtegste Kritären ass, wann et drëms geet, fir ze décidéieren, ob e Standuert da wierklech à même ass, d'Qualitéit ze erreechen oder net.

Ech denken awer och, datt déi Onofhängegkeet muss ëmmer gesi ginn an engem Kontext an datt och e Fuerschungsinstitut, wann e sech orientéiert, dat net nëmmen no banne ka maachen, mä och no bausse muss maachen, fir datt en awer gesäit, a wat fir enger Gesellschaft datt en existéiert. An ech wëll do emol net nëmmen dovunner schwätzen, vu wiem ee säi Geld kritt, mä awer och dovunner, wat fir een Optrag datt een huet, fir fir déi Gesellschaft och do ze schaffen an eppes Positives ze bewierken.

Dofir ass et wichteg, datt déi Acteuren awer och - bei aller Sympathie fir d'Iddi vun der Onofhängegkeet, an déi brauche mer - bereet sinn, driwwer nozedenken, wat fir eng Roll datt si och an engem klenge Land wéi Lëtzebuerg heiansdo ze spillen hunn.

Dann zur Fro vun de Quoten…

**M. le Président**.- Här Minister, ech wëll Iech just drop opmierksam maachen, dass Iech Är Zäit fortgelaf ass.

**M. Claude Meisch,** *Ministre de l'Enseignement supérieur et de la Recherche.*- Dir kënnt Iech virstellen, wann ech Iech soen, datt déi Quot, déi hei agefouert gëtt, wann dat dee leschte Punkt ass, deen ech nach wëll développéieren, datt ech mech do zimlech kuerzfaasse wëll, vu de Passé vu menger Partei, deen den Här Kartheiser jo hei - net zu Onrecht d'ailleurs, well alles, wat en hei virgedroen huet, dat stëmmt - développéiert huet.

Et ass, wéi ech de Mëtteg héieren hunn, dat éischt Gesetz, an deem dann eng Geschlechterquot definéiert gëtt. Et war eng virgesinn am éischte Projet, dee schonn 2012 déposéiert ginn ass, vun 30%. D'Regierung huet generell gesot, datt mer op 40% wëllen eropgoen, virun allem emol bei deenen ëffentlechen Instituter a bei deenen ëffentleche Conseils d'administration, op déi d'Regierung selwer en Afloss huet.

Ier een emol iwwerhaapt driwwer diskutéiert nämlech, ob a private Gesellschaften an de Conseils d'administration esou eng Quot misst agefouert ginn, mengen ech, musse mer als Politik awer selwer eis Responsabilitéit iwwerhuelen an do emol kucken, datt mer zu engem besseren Équiliber bei den Décisiounsgremien tëschent Männer a Frae kommen. Dat ass dat, wat am Regierungsprogramm steet. Dat ass dat, wat mer och hei an dësem Gesetz maachen. A well am éischte Gesetz eng Quot drastoung, hu mer dunn och gesot: Ma da kommt, da setze mer se direkt esou fest, wéi de Regierungsprogramm dat dote festleet a proposéiert.

An dofir si mer eben och net op déi Recommandatioun agaangen, fir e generellt Quotegesetz ze maachen, well ech awer och mengen, datt et herno secteur par secteur och nach eng Kéier muss gekuckt ginn, net well ech zweifelen un deene 40%, mä well een awer muss kucken, wéi schnell a wou an op wéi eng Aart a Weis ee se soll kënnen ëmsetzen. Hei denken ech, datt ee se kann ëmsetzen, datt ee se och muss ëmsetzen an datt een och kompetent Männer a Frae fënnt. Well mir hu jo net gesot, datt et nëmme Frae musse sinn. Mir hunn hei vum „sexe sous-représenté" geschwat, deen op 40% awer soll representéiert, minimal representéiert sinn.

Ech denken, datt et absolut méiglech ass, och hei am Land an och aus dem Ausland - well et sollen net nëmme Leit hei aus dem Land sinn - Leit ze motivéieren, an déi Conseils d'administration do ze kommen. A wann dat mir elo de Ruff als gréisste Feminist sollt abréngen, well ech deen Éischte sinn, deen hei esou e Gesetz dann däerf verteidegen, da kann ech domadder och nach ganz gutt liewen. Vläicht sinn ech souguer iergendzwousch e bëssen houfreg drop.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci och dem Här Minister.

Mir sinn domat um Enn vun den Diskussiounen ukomm a mir géifen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6420 iwwergoen.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi 6420 et dispense du second vote constitutionnel***

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. De Vote ass ofgeschloss.

59 Deputéiert hunn um Vote deelgeholl a 56-mol gouf mat Jo gestëmmt, bei 3 Abstentiounen, wou ech dovun ausginn, dass déi genuch motivéiert sinn.

*Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps et Edy Mertens;*

*MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;*

*MM. Justin Turpel et Serge Urbany.*

*Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

Ass d'Chamber dann och bereet, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

***(Assentiment)***

Da soen ech Iech Merci.

Domat si mer um Enn vun eiser Sëtzung vun haut ukomm. Rendez-vous muer de Mëtteg um zwou Auer. Merci!

***(Fin de la séance publique à 17.15 heures)***


- Retrouvez vos députés, tous les textes législatifs et documents parlementaires, les émissions «Chamber aktuell» et les vidéos des séances publiques sur **www.chd.lu**.
- La Chambre et les jeunes: si tu as entre 12 et 25 ans, consulte nos pages 'Junior' sur **www.chd.lu**, avec quiz, information et vidéo.
- L'actualité parlementaire vous intéresse? Consultez le site de la Chambre **www.chd.lu**.
- Comment est créée la loi? Toutes les explications en texte et en images, sur **www.chd.lu**.
- De la première assemblée parlementaire de 1841 à la Chambre des Députés d'aujourd'hui: retrouvez l'histoire parlementaire sur les pages «organisation et fonctionnement» de la Chambre des Députés.

CHAMBRE DES DÉPUTÉS

www.chd.lu

www.chd.lu